



nom Basismodell festgeluecht. Et huet bis elo just ee Riedner sech agedroen, den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

7. 6262 - Projet de loi portant transposition de la directive 2002/15/CE du Parlement européen et du Conseil du 11 mars 2002 relative à l'aménagement du temps de travail des personnes exécutant des activités mobiles de transport routier pour les conducteurs indépendants

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Gesetzestext gesäit d'Ëmsetze vun enger Direktiv vir vum Joer 2002, et ass d'Direktiv 2002/15/CE, fir d'Aarbechtszäit vun de Persounen am Transportmilieu, notament op der Strooss, ze definéieren. Wann et nom Gesetz gaange wier, hätte mir dës Regelung scho säit dem Mäerz 2009 missen ëmsetzen, mä duerch eng Rei vun Ännerunge kënnen mir dat eréischt haut maachen an och eréischt haut déi néideg Voten huelen.

An engem Avis vum 28. November 2006 iwwert de Projet de loi 5559, iwwert d'Ëmsetze vun der Basis-Direktiv, war virgesinn, dass mer souwuel d'Chauffeurs salariés wéi d'Chauffeurs indépendants iwwer eng an déiselwecht Aarbechtsgenehmegungen an Aarbechtsbedéngunge kréien. An der Zwëschenzäit awer ass d'Europäesch Kommissioun zu neien Erkenntnisser komm a si wollt en Ënnerscheed maachen tëscht den indépendantë Chauffeuren an de Chauffeurs salariés.

Dës Ëmstänn hunn och d'Regierung deemools dozou gefouert, de Projet net ze maachen, an dass mer esou 2008 an der Prozedur nëmmen déi fir de Salaré ëmgësat hunn, awer net déi fir de Chauffeur indépendant, wou déi Zäit och ëmmer eng Diskussioun war: Wat ass e richteg Chauffeur indépendant a wat ass e soi-disant Chauffeur indépendant? Wou dat just géif gemaach ginn, fir d'Gesetz kënnen ze ëmgoen a wou et ganz schwiereg wier, fir déi Definitionen ze fannen. An doropshin ass de Projet deemools zrëckgezu ginn, wat d'Chauffeurs indépendants ubelaangt.

Dat hat awer och eng Konsequenz am Europäesche Parlament, well do hat d'Kommissioun eng extra Direktiv eragin, déi awer d'Zoustëmmung vum Europäesche Parlament net kritt huet a wou duerfir de 16. Juni 2010 d'Kommissioun hir Propositionen zrëckgezunn huet a gesot huet: Okay, da gi mir och dozou iwwer, fir dass jiddwereen ënnert d'Reglement 2002/15/CE soll falen.

An dësem Sënn huet dann och den Nohaltegekeetsminister den 10. Mäerz 2011 an der Chamber e Projet déposéiert. De 7. Juni ass den Avis vum Statsrot komm, de 26. Abrëll hate mer den Avis vun der Chambre de Commerce. An der Sitzung vum 23. Mäerz 2011 gouf ech zum Rapporteur vun dësem Gesetz genannt, an an darselwechter Réunioun hu mer och direkt den Avis vum Statsrot analyséiert. Mir hunn an enger zweeter Réunioun, den 29. Juni, dee Projet nach eng Kéier analyséiert. D'Nohaltegekeetskommissioun huet de 6. Juli 2011 dese Rapport ugeholl.

Den Haaptkär vun dësem Text ass et, fir d'Regelen zur Fuer- a Pausenzäit bei de Beruffschauffeuren op europäeschem Niveau unzepasen. Domadder sollen d'Sécherheet an d'Aarbechtsbedéngungen op eise Stroosse verbessert ginn. Et soll ausserdeem e faire Konkurrenzmarché entstoen, wou jiddwereen déiselwecht Chancen huet. Mir wëssen ëmmer erëm, dass déi meescht Accidenter bei de Camionen net onbedéngt duerch d'Vitesse geschéien, mä duerch d'Middegkeet! „La fatigue tue“, eng grouss Aktioun, déi ëmmer déi europäesch Transportgewerkschafte maachen, wou se opmierksam maachen op de Sekonneschlof, deen do och ka bei deene Chauffeuren ausbriechen.

Dës Projet betrëfft virun allem den Artikel 214-1 vum Code du Travail, wou mer dat scho laang drastoen hu fir déi Saliariats-Chauffeuren, mä dass och elo an Zukunft déi fräischaffend Chauffeuren dodrënner wäerte falen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir awer och nach kuerz iwwert den Avis vum Conseil d'État ze schwätzen. Wéi virdu schon ugeschwat, war de Statsrot net frou doriwwer, dass d'Definitioun vum Conducteur

indépendant net integral aus der Direktiv iwwerholl ginn ass. Esou wéi se an der Direktiv steet, gesäit d'Definitioun vir, dass de Chauffeur, deen net ënnert d'Kritären aus dem Gesetz fält, automatesch un déiselwecht Obligatiounen a Rechter gebonnen ass wéi déi fir den Travailleur mobile am Sënn vum Code du Travail.

Dës zousätzlech Prezisioun hat am Projet de loi gefeelt. Et bleift awer dozou nozedroen, dass souwuel d'Chambre des Saliariés wéi och d'Majoritéit vun de Membere vun der Nohaltegekeetskommissioun drop gehalen hunn, dass dat och misst deementspriedend am Gesetz geännert ginn, an och de Minister doropshi seng Zoustëmmung dofir ginn huet.

Duerfir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass et wichteg, dass mer deem Projet haut d'Zoustëmmung ginn, an dat am Intérêt vun de Sécherheetsbedéngungen op eise Stroossen an och am Intérêt vun den Aarbechtskonditiounen vun deene Leit, déi am Stroosentransport schaffen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Rapporteur Marc Spautz. Elo kritt d'Wuert den Här André Hoffmann.

Discussion générale

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, engersäits kann een natierlech domat averstane sinn - an dat huet den Här Spautz jo och däitlech genuch erkläert -, dass déi Chauffeuren, déi Salaré sinn, op där enger Säit, an déi, déi net Salaré sinn, op där anerer Säit, gläichgestallt ginn. En huet och déi zwee Hauptgrënn genannt, engersäits d'Fro vun de Schäinselbststännegen, fir dann d'Bestëmmungen ze ëmgoen, an op där anerer Säit selbstverständlech d'Sécherheet op de Stroossen, déi jo net nëmmen d'Chauffeure betrëfft.

Op där anerer Säit muss ech awer soen, dass déi Zäiten, déi hei um europäeschen Niveau festgeluecht sinn als maximal Zäiten, mir iwwert d'Huttschnouer ginn, a virun allem deene Leit, déi Chauffeur sinn. Bis 56 Stonnen, bis zu 60 Stonne kënnen erhéijen als Chauffeur, als Chauffeur! Dat heescht also, wat net nëmmen eng Fro ass vun den Aarbechtskonditiounen vun deene Chauffeuren, sondern erëm eng Kéier eng Fro vun der öffentlecher Sécherheet.

A well ech prinzipiell der Meenung sinn, dass d'Aarbechtszäite solle reduzéiert ginn an net op déi do Aart a Weis erhéicht ginn, duerfir enthalen ech mech och beim Gesetz.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Hoffmann. Den Nohaltegekeetsminister Claude Wiseler huet elo d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Just fir all deene Merci ze soen, déi hei un deem Text geschafft hunn. An haaptsächlech dem Rapporteur, dem Här Spautz, deen hei a ganz kuerzer Zäit eng ganz schnell an eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet.

► **M. le Président**.- Merci och dem Här Nohaltegekeetsminister. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6262 ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen an 1 Enthaltung.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6262 est adopté par 59 voix pour et 1 abstention.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par Mme Christine Doerner), Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);

MM. Marc Angel (par M. Ben Scheuer), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul

Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);

MM. Jean Colombara (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Eisen nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 6158, d'Direktiven iwwert den Zougank zu verschiddene Beruffer. Och hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Spautz, Bauler, Scheuer, Kox an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

8. 6158 - Projet de loi réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales et - modifiant l'article 542-2 du Code du Travail; - modifiant la loi modifiée du 16 juillet 1987 concernant le colportage, la vente ambulante, l'étalage de marchandises et la sollicitation de commandes; - modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative à la profession d'expert-comptable; - portant abrogation de la loi modifiée du 21 février 1976 ayant pour objet d'instaurer un jour de fermeture hebdomadaire dans les stations de vente de carburant et de lubrifiant pour véhicules automoteurs

Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme

► **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir beschäftegen eis haut mat der Reform vum Droit d'établissement, e Gesetz, wat zënter 1988 déi verschidden Aktivitéiten an Autorisatiounen am Beräich vum Handwerk, dem Handel, der Industrie a vun de liberale Beruffer definéiert an och encadréiert huet. Dëst Gesetz ass am Laf vun der Zäit ëmmer emol erëm punktuell adaptéiert ginn, fir d'Lescht am Joer 2004.

Dës Kéier handelt et sech allerdéngs ëm e wierklech neit Kadergesetz fir d'Nidderloosungsrecht hei zu Lëtzebuerg. Bei der Ausaarbechtung vun dësem Projet de loi huet de Mëtzelstandsministère am Virfeld all déi concernéiert Organisme consultéiert an huet se och an d'Diskussiounen mat agebonnen. D'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Saliariés, den Ordre des architectes et des ingénieurs-conseils, den Ordre des experts-comptables, de Parquet an déi national Dateschutzkommissioun hunn hir Avisen nom Dépôt vum Gesetz erageschéckt.

(Mme Anne Brasseur prend la présidence.)

Des Weideren huet d'Chamberskommissioun sech och nach mat engem Avis vu véier grouse Consulting-Firme beschäftegt an hat och eng Entrevue mat der Fédération horticole an dem Ordre des architectes et ingénieurs-conseils. Op Basis vum Statsrot an op eegen Initiativ hin huet d'Kommissioun vun de Classes moyennes eng ganz Rei Amendementer virgeschloen, vun deenen dann och zum Schluss e gudden Deel den Accord vum Statsrot fonnt huet. Ech kommen do am Laf vu menger Ried nach eng Kéier drop zrëck.

An der Kommissioun, wou ech de 27. September d'lescht Joer zum Rapporteur vun dësem Projet de loi genannt gouf, hu mer eis während zweielef Sitzunge mat dësem Projet befaasst, all Kéiers a Präsenz souwuel vun der Madame Minister Françoise Hetto wéi och vun de Responsabelen aus dem Ministère des Classes moyennes.

Madame Presidentin, d'Chamber ass haut, wéi gesot, mat engem äusserst wichtige Gesetzesprojet befaasst, well et geet elei net nëmmen ëm eng Ëmännerung vun deene bestoenden

Texter, et geet elei ëm eng richteg Reform vum 88er Gesetz. Et geet ëm eng komplett Neiregelung vum Nidderloosungsrecht vun de Beruffer am Handwerk, dem Handel, der Industrie a vu verschiddene liberale Beruffer. Ech denken, datt mer mat dësem Gesetz eng Reform maachen, déi deenen Interesséierten a grousssem Mooss Satisfaktioun misst ginn.

Éier ech elo am Detail op déi verschidde Punkten aginn, wëll ech awer kuerz déi grouss Zich vun dësem neie Gesetz presentéieren. Firwat kënnt et eigentlech no méi wéi 20 Joer zu enger kompletter Reform? Do gëtt et e puer Grënn. Engersäits sollen d'Dispositionen iwwert d'Nidderloosungsrecht, déi fir de Moment a verschiddenen Texter geregelt sinn, an en eenheetlechen Text gefaasst ginn. An anerersäits war d'Suerg, de Mëtzelstand laangfristeg ofzesécheren an him Planungssécherheet fir déi nächst Joren ze ginn. E weidert Zil soll et sinn, fir dem Mëtzelstand neien Opdriff ze ginn, dat Ganz iwwert de Wee vun engem méi vereinfachten Zougank zu deene verschiddene Beruffer.

Fir de Moment ass den Zougank zu verschiddene Beruffer fir d'Lëtzebuurger Ressortisanten, déi exklusiv dem Lëtzebuurger Recht ënnerleien, méi streng geregelt wéi vläicht fir Ressortisanten aus anere Memberlänner aus der EU. Vill Länner hale sech bei der Vergab vun hiren Diplomer oder Autorisatiounen ganz einfach un déi bestehend europäesch Direktiven. Dës Direktive gesinn normalerweis manner strikt Regeln a Konditiounen vir, wéi mir dat elei bis elo zu Lëtzebuerg kannt hunn.

Dat ass eng reell Diskriminatioun, déi mat deem verleiende Projet gréisstendeels awer aus der Welt geschafe gi soll. Esou ass am Text virgesinn, d'Konditiounen fir den Zougank zu verschiddene Beruffer ze vereinfachen, andeems déi gefuerdert professionell Qualifikatiounen gelockert ginn, ouni awer d'Partikularitéiten vum Lëtzebuurger System am Mëtzelstand wëllen ze ënnergruemen oder a Fro ze stellen. Fir datt dës Lockerung vun den Zougangbestëmmungen a Saache professionell Qualifikatioun net méissbraucht gëtt, ginn d'Exigenzen an d'Kritäre vun der Honorabilité professionnelle un déi aktuell Situatioun ugepasst.

En anert Objektiv vun dësem Gesetz besteet doranner, fir déi administrativ Démarchen ze vereinfachen. Et ass dat jo e Punkt, dee sech déi aktuell Koalitioun ganz uewen op de Fändel geschriwwen huet. Et geet virun allem dorëms, fir d'Prozedur vum Ausstelle vun Nidderloosungsautorisatiounen ze vereinfachen. Ausserdeem gi mat dësem Gesetz och nach Deeler vun der Direktiv „services“ an d'Lëtzebuurger Recht ëmgësat, genee wéi d'Direktiv 2005/36/CE iwwert d'Unerkennung vun de professionnelle Qualifikatiounen.

Wat elo d'Haaptpunkte vum Gesetz betrëfft, esou ass Folgendes dozou ze soen: Fir kënnen elei am Land eng Aktivitéit am Beräich vum Handwerk, vum Handel oder der Industrie oder vun de liberale Beruffer auszeüben, brauch een och an Zukunft weiderhin eng Autorisation. Eng Autorisation, déi awer an Zukunft op méi minimale Qualifikationsufuerderunge fousse wäert.

Och wann de Prinzip vun enger Autorisation préalable bestoe bleift, esou gëtt den Accès zu verschiddene Beruffer awer wesentlich vereinfacht. D'Diplomer eleng sinn net méi ausschlaggebend, fir e Beruff auszeüben ze kënnen. De Brevet de maîtrise an d'Geselleprüfung bleiwen awer, wéi dat och an der Vergaangenheet de Fall war, déi traditionell Elementer vum Droit d'établissement a ginn duerch déi nei Reform nach revaloriséiert. Nieft den Diplomer kann een an Zukunft och seng professionell Experienz geltend maachen, fir selbststänneg kënnen e Beruff auszeüben. Ausserdeem kann och eng Persoun eng Autorisation d'établissement ausgestallt kréien, wa se gläichzäiteg Salaré an engem anere Betrib ass.

Duerch d'Direktiv „services“, déi méttlerweil jo jiddwerengem elei am Haus e Begrëff misst sinn, kënnt et, wéi virdu scho gesot, zu enger grousser administrativer Vereinfachung. Konkret gëtt an dësem Projet de loi d'„autorisation tacite en cas de silence de l'administration“ agefouert.

Dat ass, Madame Presidentin, eng laangjäheg Fuerderung vu villen, wann och net vun alle Parteien heibannen, mä awer och vun de Patronatsverbänn selwer. Dat ass wierklech e grouse Schrëtt a Richtung Vereinfachung a Verkierzung vun de Prozeduren. An ech wëll der Madame Hetto an hirem Ministère ausdrécklech Merci soen, datt se mat op dese Wee gaange sinn.

Eng weider Neierung, déi d'Prozedur soll beschleunegen, ass d'Ofschaffung vun der Commission consultative, déi bis elo am Virfeld fir all Demande d'autorisation d'établissement huet missen hiren Avis ofginn, oder gefrot ginn ass.



Madame Presidentin, schonn am Joer 2004 ass d'Gesetz ënnert dem Minister Fernand Boden deemstspriechend ëmgeännert ginn an dat, fir de Phenomeen vun de Bréifkëschtfirmen anzedämmen. Deemools ass ganz kloer definiert ginn, datt eng Firma e fixe Siège d'exploitation am Land muss besëtzen an d'Raimlechkeete mussen der Aktivitéit vun der Firma ugepasst ginn. Domadder kruten all déi Firmen, déi sech weinst de Steiervirdeeler oder weinst anere Virdeeler nëmme fiktiv elei zu Lëtzebuerg wollten nidderloossen, keng Chance méi, dat ze maachen.

Well et anscheinend awer nach ëmmer Schlupflächer gi sinn, gött dësen Dispositif elo nach weider verschäerft. Et geet an Zukunft net méi duer, datt den Dirigeant vun enger Entreprise, fir eng Autorisation ze kréien, déi néideg Garantien vun Honorabilitéit a vun der professioneller Qualifikation muss erfüllen. En däreif ausserdeem och elo keng Scholde méi bei der TVA oder bei der Sécurité sociale hunn. Dës Schold däreif weder en nom personnel sinn nach als Chef vun enger anerer Entreprise. Dës Persoun muss fir d'Éischt all hir Scholde begläichen, éier se elo eng nei Autorisation d'établissement ausgestallt ka kréien.

Wat elo déi professionell Qualifikationsufuerderunge betrëfft, esou gëtt an Zukunft weiderhin en Ennerscheid gemaach tëschent Aktivitéiten am Beräich vum Handwerk, vum Handel a vun der Industrie. Fir den Handel ginn déi méi professionell Qualifikationsufuerderungen adaptéiert an harmoniséiert, fir esou den Zougank zu de kommerziellen Aktivitéiten ze vereinfachen.

D'Exigenzen, déi bis haut méi strikt waren, wéi dat an eisen Nopeschlänner de Fall war, ginn deemno dann erofgesat. Esou ass zum Beispill eng ofgeschlossene Formation accélérée, esou wéi se vun de Berufskummenen organiséiert gëtt, fir eng Persoun mat DAP-Ofschloss net méi virgesinn. Doduerch gëtt dësen Diplom - also den Diplom vum DAP - daitlech opgewäert.

Eng weider Neierung ass, datt eng Berufserfahrung vun dräi Joer an egal wéi enger Branche an Zukunft den Zougank zu de kommerziellen Aktivitéiten erméiglecht. Wann een elo awer keen DAP-Ofschloss huet respektiv keng Berufserfahrung vun dräi Joer nowise kann, esou kann een nach ëmmer iwwert de Wee vun der Formation accélérée den Zougank zu de kommerziellen Aktivitéiten kréien.

Fir verschidde d'Berufssparte ginn des Weideren zu den allgemengen Exigenzen zousätzlech Konditione festgehalten. Wann een am Beräich vun der Horesca säi Business wëllt maachen, da muss een eng zousätzlech Formation am Beräich vun der Hygien, der Liewensmittel-sécherheet respektiv am Beräich vun de Mënscherechter an dem Schutz vu Mannerjährege suiveren. Spezifesch Formationen mussen och gemaach ginn, wann ee säi Gléck als Immobilienagent, Administrateur vun engem Syndic oder Promoteur immobilier versicht.

Am Handwerk selwer kënn et zu fundamentealen Neierungen.

Éischten kënn et zu enger zolitter Ofännerung an Émorientierung vun der Lëscht vun de Beruffer. Am Gesetz vun 1988 gëtt en Ennerscheid tëschent Métiers principaux a Métiers secondaires gemaach. Dës Distinction gëtt elo mat dësem Gesetz ofgeschafft. Déi al Bezeichnung vu Métiers principaux a Métiers secondaires ginn duerch eng Lëscht vun Aktivitéiten ersat. Dës Lëscht gëtt ënnerdeelt an eng Lëscht A mat zum Deel de fréiere Métiers principaux an eng Lëscht B mat zum Deel de fréiere Métiers secondaires.

Duerch dës nei Opdeelung gëtt och d'Unzuel vun de Beruffer op deenen zwou Lëscht substaantiell erofgesat. D'Ursaach vun dëser substaantieller Reduktion ass, well verschidde Beruffer matenee fusionéiert ginn. Ausserdeem gi vereenzelt Beruffer, déi fréier als Métiers principaux agestuft goufen, a Métiers secondaires ëmgewandelt, deenen hire Champ d'activités am Géigenzuch dann awer erweidert gëtt. Dat bréngt mat sech, datt ee fir verschidde Beruffer also keng Meeschterkaart méi brauch, och keng zousätzlech Meeschterkaart méi brauch wäert.

Dat bedeit allerdéngs eng liicht Ofwärtung vun der Meeschterkaart selwer. Dat gesäit och d'Chambre des Métiers zum Deel esou. Si ass awer am Contraire der Meinung, datt e Betrib mat enger Meeschterkaart op der B-Lëscht sech qualitativ ka vun deene Leit a Betriber ofgrenzen, déi nëmmen en DAP kënnen virweise respektiv op eng Berufserfahrung vun dräi Joer zréckgräife kënnen.

Si fréier eng 162 Beruffer opgelëscht ginn - 71 als Métiers principaux an 91 als Métiers secondaires définiert -, esou bleiwen der no där neier Opdeelung 33 op der A-Lëscht an nëmmen nach 63 op der B-Lëscht. Och dat ass als eng zolidd Prozedurvereinfachung unzegesinn.

An ech kann lech soen a bestätegen, datt vill Demanden do sinn, fir heivun dann och Gebrauch ze maachen oder besser gesot hei vun där Mesure ze profitéieren.

Wéi eng professionell Qualifikation sinn dann elo fir déi eenzel Beruffer erfuerdert? Wann een e Beruff op der A-Lëscht wëllt ausüben, esou muss déi Persoun am Besëtzt vun enger Meeschterkaart sinn, déi dës handwierklech Aktivitéit couvriert respektiv wesentlech Bestanddeeler vun dëser Aktivitéit. E Beruff vun der B-Lëscht däreif eng Persoun ausüben, déi am Besëtzt vun engem DAP ass oder eng technesch Formation vun dräi Joer absolvéiert huet. A béide Fäll muss de Programm, deen absolvéiert ginn ass, déi handwierklech Aktivitéiten, ëm déi et da geet, couvréieren respektiv wesentlech Bestanddeeler vun dëser Aktivitéit.

Och wa fir den Zougank zu verschiddene Beruffer nach ëmmer eng Meeschterkaart verlaangt gëtt, esou ginn awer elo Passerelles d'équivalence zu der Meeschterkaart geschafft.

D'Gesetz gesäit vir, datt iwwert de Wee vun engem groussherzogleche Règlement Äquivalenzen zu där gefuerderter professioneller Qualifikation kënnen definéiert ginn. Dat göllt fir Leit mat zum Deel aneren Diplomer, déi eng professionell Expérience nowise kënnen. Als Äquivalenz fir d'Ausübe vun engem Beruff vun der A-Lëscht göllt e Bachelordiplom kombinéiert mat enger professioneller Expérience an deem jeeweilege Beruff. Och eng Persoun mat engem DAP-Diplom kann eng A-Aktivitéit ausüben am Fall wou se eng Expérience vu sechs Joer an enger Fonction dirigeante nowise kann.

Fir d'Aktivitéiten vun der B-Lëscht geet eng Expérience vun dräi Joer duer, gekoppelt awer un den Noweis vun enger gewëssener Connaissance en gestion d'entreprise.

Eng weider Neierung am Gesetz ass d'Koppelung tëschent engersäits der Formation respektiv der Meeschterkaart an dem Droit d'établissement selwer. Am Moment muss d'Formation respektiv d'Meeschterkaart all Voiete vun där jeeweileger Handwerksbranche ofdecken. Mam neie Gesetz gëtt dës Exigenz fale gelooss. Et geet an Zukunft duer, datt d'Meeschterkaart fir d'A-Lëscht-Beruffer an DAP fir d'B-Lëscht-Beruffer net méi d'Integralitéit, mä just nach déi wesentlech Aspekter vun där jeeweileger Handwerksbranche ofdecke mussen.

Nach ee Wuert zum Urbaniste/aménageur. Mir hunn d'lescht Woch hei an der Chamber d'Gesetz vum Aménagement communal gestëmmt, wou och de Beruff vum Urbaniste/aménageur definéiert gëtt. Eigentlech sollt an deem Gesetz an an dësem Projet de loi deesewechten Text gestëmmt ginn, notament wat déi professionell Qualifikation betrëfft. Am Gesetz iwwert den Aménagement communal ass elo fir dës Beruff keng Pratique professionnelle virgesinn. Dat sollt awer net esou sinn, an et gëtt elo mat dësem Text erëm redresséiert.

Den Accès zum Beruff vum Urbaniste/aménageur ënnerläit enger zweejähriger Pratique professionnelle. Dat, Madame Presidentin, ass esou gewollt, souwuel vun der Mëttelstandskommission aus der Chamber wéi och vum Beruff selwer. Mir haten op dësem Sujet och eng extra Réunion mat deene Verantwortleche vum Beruff selwer.

Wéi gesot, et ass elei e bësselche schifgelaf, mä mir redresséieren dat mat dësem Gesetz. Fir verschiddene Crainté virzepräifen, wëll ech soen, an dat huet d'Madame Hetto och esou an de Kommissionssitzung confirméiert, datt déi Urbanistes/aménageurs, déi haut op Projekte schaffen, PAG oder PAP, datt déi hir Autorisation behalen. Ech denken, datt dat eventuell Problemer, déi do waren, och besäitege wäert.

(Interruption)

Jo, ma et feelen dofir keng méi weider. Si si jo nach alleguerten do. Et kritt jo keen eppes ewechgeholl. Datt der vläicht net genuch do sinn, do ginn ech lech Recht.

Ech kommen elo zum Avis vum Statsrot. A sengen allgemengen Observatiounen zum Projet ass de Statsrot zur Konkursioun komm, datt eis Gesetzgebung a Saachen Nidderloossungsrecht ze vill protektionistesches ausgerichtet wier. Fir de Statsrot ass d'Gesetz éischter eng Brems fir den Développement vun eise Betriber. De Statsrot fënn, datt déi einheimesch Ressortissanté par rapport zu den auslänneschen, déi sech zu Lëtzebuerg niddelloosse respektiv déi hei bei eis wëlle schaffen kommen, diskriminéiert ginn.

De Grond fir seng Remarque ass, well fir déi einheimesch Ressortissanté méi streng Kritäre beim Nidderloossungsrecht géife gëlle wéi fir déi aner. Dofir hätt sech de Statsrot eng nach méi liberal - an ech betounen „nach méi liberal“ - Ausrichtung vun dësem Gesetzesprojet gewënscht.

Esou restriktiv wéi de Statsrot dat gesäit, ass dat heite Gesetz awer net. Et handelt sech nämlech ëm eng ganz kontrolléiert Liberaliséierung vun den Zougangsbestëmmungen an déi eenzel Beruffer. D'Zougangsbestëmmunge sollen net ze streng sinn, mä qualitativ Kritäre sinn a bleiwen awer ee vun den Haaptpunkten, fir spéidere Failliten dann och kënnen virzebeugen. An et ass net méi spéit wéi dës Woch, wou d'Chambre de Commerce sech ganz vill Gedanken driwwer mécht, wéi ee géint déi Failliten do kéint virgoen.

Ech wëll elo aus Zäitgrënn net op all einzelnen Artikel vum Gesetz agoen. Dir kënn dat alles am Detail a mengem schrëftleche Rapport noliessen.

Et waren, Madame Presidentin, vill Diskussiounen an der Kommission. Et war och e schwieregt Gesetz mat ville komplizierten Texter. Den éischten Avis vum Statsrot kum mat net manner wéi 15 Oppositions formelles eran. Selbstverständlech huet déi héich Kierperschaft och Textvirlage proposéiert. Doropshin huet d'Kommission net manner wéi 18 Amendementer formuléiert, déi de Statsrot dann a sengem éischten Avis complémentaire awer nach eng Kéier mat véier Oppositions formelles beluecht huet. Mir hunn dann nach en Amendement fortgeschéckt. An de Statsrot hat dann a sengem zweeten Avis...

► **Mme le Président.**- Entschëllegt. Ech wëll lech just drun erënneren, datt d'Zäit ofgelaf ass. An ech géif lech wierklech bieden, zu de Konkursiounen ze kommen.

► **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Madame Presidentin, ech hat iwwert d'Sekretärin vun der Kommission an der Conférence des Présidents froe gelooss, datt ech eng Rallonge kréich ëm fënnf Minutten.

► **Mme le Président.**- Da froen ech d'Chamber, vu datt ech hei d'Présidence hunn, ob d'Chamber domat d'accord wier,...

► **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Neen...

► **Mme le Président.**- ...dem Här Clement nach fënnf Minutte weider ze ginn.

(Assentiment)

► **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Ech sinn a fënnf Minutte fäerdeg.

► **Mme le Président.**- Dat schéngt den Assentiment vun der Chamber ze fannen. An domat ginn ech dann dem Här Rapporteur déi Riedezäit weider.

► **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Also, am zweeten Avis complémentaire huet dann de Statsrot nach eng Kéier véier Opposition-formellé gemaach. Mir hunn dann nach een Amendement fortgeschéckt. An de Statsrot hat dann a sengem zweeten Avis complémentaire weider kee Problem méi mat dësem Text.

Dir gesitt, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Härn, et war schonns vill Aarbecht a vill Hin an Hier, och mam Statsrot, bis mer deen heiten Text esou haten, wéi en haut elei an der Chamber presentéiert gëtt an och zum Vote herno stoe wäert.

Wat elo déi eenzel Artikeler vum Gesetzesprojet ugeet, wollt ech der e puer erauspicken, mat deene mir eis an der Kommission länger Zäit beschäftegt hunn.

Vill Betriber am Handwerksweisen hu Problemer, fir hir Successioun ze assuréieren. Entweder sinn d'Ierwen net drun interesséiert, de Betrib ze iwwerhuelen, respektiv et gëtt keng Interessenten, fir de Betrib wëllen opzekafen. Dat ass mat grousser Besuergnis ze gesinn. Am Schnëtt mussen nämlech e puer honnert Betriber Joer fir Joer hir Dieren zoumaachen, well se kee géegenten Nofolger fir hir Aktivitéit fonnt hunn.

Och ass gewosst, datt an den nächsten zéng Joer eng 1.500 Betriber wäerten hei zu Lëtzebuerg zur Dispositioun stoen. Dat bréngt een zum Nodenken, virun allem, wann ee bedenkt, datt et och haut awer nach méiglech ass, fir ouni Problemer seng Carrière am Handwerk ze maachen. Et gëtt dofir Beispiller genuch. De Lëtzebuerger Marché ass e gesonde Marché. Et ass och e gudder Marché, vun deem een dann och als Handwierker oder als Commerçant mat Sécherheet lieue kann.

Mä et ass eng batter Realitéit, datt et ëmmer manner Leit gëtt zu Lëtzebuerg, déi bereet sinn, dës Risiko anzegoen a Verantwortung ze iwwerhuelen; Verantwortung fir sech, mä och Verantwortung fir aner. De Risiko, ze scheitern, besteet ëmmer an ass deemno och ni ganz auszuschléissen. Vill gutt an talentéiert Leit ginn als Handwierker oder als Chef d'entreprise verluer, well se et einfach virzéien, ouni allze grouse Risiko am Secteur sécurisé ze schaffen.

Fir deem entgéintzewierken, sinn am Gesetz eng ganz Rei vu Modifikatiounen virgesinn, déi

d'Transmissioun vun engem Betrib solle vereinfachen. Do gouf et an der Vergaangenheet nämlech verschidde Problemer. D'Transmissioun vun engem Betrib ass oft dorunner gescheitert, well déi interesséiert Leit net déi néideg Qualifikatiounen nowise konnten. Et huet sech virun allem ëm Mataarbechter am Betrib selwer gehandelt, déi interesséiert waren, de Betrib op eege Fauscht ze iwwerhuelen, faute de diplôme dat awer net konnte maachen. Dat ännert sech awer elo.

Mir hunn als Kommission erreecht, datt an den Text stoe kënn, datt, wann een eng zéng-jährig Berufserfahrung an engem Betrib nowise kann, een dann dës Betrib provisorisch iwwerhuele kann. Déi Persoun muss dann awer innerhalb vun den nächste fënnf Joer déi néideg Qualifikatiounen nohuelen.

Zum Schluss wëll ech dann awer nach alle Leit Merci soen, déi un dësem dach komplexe Projet matgeschafft hunn. Dat geet u bei der Madame Ministesch Françoise Hetto iwwert d'Beamte vum Ministère, de Membere vun der Mëttelstandskommission bis hin zu der Kommissionssekretärin, der Madame Tescher, an dem Marc Reider aus der CSV-Fraktioun.

Als Rapporteur wënschen ech mir, datt dës Projet eng grouss Zoustëmmung heibanne fanne wäert. Et ass e wichtege Projet, e ganz wichtege Projet fir eis Entrepreneuren. Si waarden drop, datt en a Kraaft triede soll.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Merci dem Rapporteur fir säin ausféierleche Bericht. Den éischte Riedner, deen agedroen ass, ass den Här Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Merci, Madame President. Madame President, Dir Dammen an Dir Härn, et ass net iwwerdräiwen, wann ech bei dësem Projet soen, dass dat eng noutwendeg Reform fir de Mëttelstand war an dass et wichteg ass, dass mer dem Mëttelstand op déi Aart a Weis nach eng zousätzlech Dynamik ginn, well hien nach ëmmer mat d'Haaptarbeitsplazen am Lëtzebuerger Land bitt, an dass et och wichteg ass, dass mer där nach weider grënnen, an dass et dofir och wichteg ass, dass mer e gutt Mëttelstandsgesetz hunn.

Ech wëll fir d'Alleréischst dem Rapporteur Lucien Clement Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Dir hutt héieren, mat wat fir enge Schwierigkeete mer konfrontéiert waren. An dofir dem Lucien vun dëser Säit aus: Villmools Merci!

D'Zuele beweisen et, dass de Mëttelstand e ganz wichteg Standbeen vun der Lëtzebuerger Économie duerstellt. Net manner wéi 17.000 Entrepreneuren beschäftege ronn 150.000 Salariéen. Dat sinn ëmmerhi 40% vum Emploi intérieur zu Lëtzebuerg. Si sinn d'Réckgrat vun eiser Wirtschaft, an et si si, déi et als Éischten erëm fäerdeg bréngen, wann de Motor un d'Stocke kënn, fir dass en awer nach weiderullt an dass en net ausheet.

Par rapport zur leschter Reform vum Nidderloossungsrecht am Joer 2004 sinn eng 3.000 Entrepreneuren mat engen 20.000 Salariéen baikomm. Dat beweist ganz kloer, dass de Mëttelstandssektor e ganz dynameschen ass, an dass mir him an de leschte Joren e favorabelt Ëmfeld geschaffen hunn, vun deem eis Kleng- a Mëttelbetriber konnte profitéieren a wat et hinnen an Zukunft och weiderhi wäert erlaben, sech weiderzuentwëckelen a weider ze wuessen.

Ech erënneren an deem Kontext un d'Kadergesetz fir de Lëtzebuerger Mëttelstand aus dem Joer 2004 vum Fernand Boden, wat et eise PMEen erlaabt, fir sech permanent der technischer a wirtschaftlecher Entwécklung unzupassen. Mir hunn dat Gesetz am Joer 2009 ugepasst, fir eis Betriber op d'Zäit no der Kris virzebereeden, fir dass se méi konkurrenzfähig gi respektiv bleiwen; hei zu Lëtzebuerg, awer och an der Groussregioun. Och net ze vergiessen ass den drëtten Plan d'action PME aus dem Joer 2008 an den Entfesselungsplang fir d'Betriber, an deem senger Émsetzung eis Regierung fläisseg schafft.

Madame President, dass an eise Land gutt a vill Suen ze verdéngen sinn, beweisen net zu lescht déi vill auslännesch Betriber, déi Dag fir Dag an eist Land schaffen kommen. Si sinn och e Grond, firwat mir dës Reform hu misse maachen an ausgeschafft hunn. Déi auslännesch Betriber ënnerleien nämlech oft manner strengen Zougangsbestëmmunge wéi déi eenheimesch Betriber. An domadder war dat eng Concurrence déloyale fir eis Betriber hei zu Lëtzebuerg.



Fir dëser Konkurrenz entgéintzewierken, musse mir kucken, dass mir dem Mëttelstandssektor ëmmer dat beschtméiglecht Ëmfeld ubidden an esou encadréieren, dass si sech ëmmer weider kënnen entwéckelen an och nei an zousätzlech Aarbechtsplaze schaffen, an dass dat och weiderhin eng grouss Roll an Aufgab vun hinne an der Lëtzebuerger Wirtschaft ass. Heizou gehéiert sécherlech och e modernt an der Zäit ugepasstent Nidderloossungsrecht, wat eng ganz Rei vun Aktivitéiten encadréiert, déi ganz verschiddearten gelagert sinn.

Mir als CSV begreifen dës Gesetz, well et op ville Punkten der Evolutioun an den neien Exigenzen am Beräich vum Handel, dem Handwerk an der liberaler Beruffrechnung dréit. Et ass méi wéi nëmmen eng Adaptatioun vun der aktueller Gesetzgebung, et bréngt nämlech eng ganz Partie vu funktionelle Verbesserungen fir de Mëttelstand mat sech.

Nieft der administrativer Vereinfachung sinn et virun allem d'Dispositionen iwwert d'Neiregelung vun der Lëscht vun de Beruffer an hire Champs d'application souwéi d'Dispositionen, wat d'Iwwerliewe vun engem Etablissement ubelaangt, déi dës Gesetz kennzeichnen. De Rapport vum Projet de loi, deen de Lucien Clement eis haut de Mëtteg virgedroen huet, huet jo op all déi eenzel Punkten higewisen.

D'CSV begreift d'Neiausrüstung an d'Zesummelegung vu verschiddene Beruffer am Handwerk an enger A- respektiv enger B-Lëscht. Och wann d'Meeschterprüfung weiderhin d'Viraussetzung bleift a muss bleiwen, fir kënnen e Betrib an engem sougenannten Hauptberuff opzemaachen, esou ass et positiv, dass et an Zukunft méiglech gëtt, fir iwwert de Wee vun Äquivalenze wéi zum Beispill eng zolidd Beruffserfahrung verschidde Beruffer kënnen ausüben.

Wat elo d'Beruffer op der B-Lëscht betrëft, esou geet et an Zukunft duer, wann eng Person en DAP an der Täsch huet. Duerch d'Ewechfale vun der Formation accélérée gëtt dës Diplom valoriséiert. Ech si mir sécher, dass sech an Zukunft méi jonk Leit wäerten trauen, iwwert dee Wee an d'Eegestännegkeet ze goen. An dat ass och gutt esou, well et ass wichteg, dass mer méi Leit an ëmmer méi Leit fannen, déi an d'Eegestännegkeet ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Positiv ze bewäerten ass och de Fait, dass een niewent senger Haaptaktivitéit och sougenannten Travaux accessoires kann ubidden. Domadder droe mir enger ëmmer méi grousser Demande vun de Clienten Rechnung, déi vun den Handwerksbetreiber méi wéi nëmmen de Service froen. D'Demande um Marché geet ganz kloer an d'Richtung vun engem Usprechpartner fir alles, souzeso alles, aus enger Hand. Mir mengen och, dass dat der Kompetitivitéit vun de klengen- a mëttelstännegen Handwerksbetreiber wäert gutt doen a si stärken.

Nach e Wuert zur administrativer Vereinfachung. D'Regierung huet sech jo elo engagéiert, de Betreiber op ville Punkten d'Liewe méi einfach ze maachen. D'Aféiere vum Prinzip vun der Autorisation tacite en cas de non-réponse dans les temps impartis ass e weidert Stéck an deem grousser Puzzle.

Ech sinn och dervun iwwerzeugt, an ech weess net, ob d'Madame Hetto eis dat ka confirméieren, mä dass och de Justizminister amgang ass, dass och fir d'Faillitësgesetz, wéi mäi Kolleg Lucien Clement et ugeschwat huet, nach am Laf vun deem Joer soll e Projet kommen, dass et och wichteg ass, dass mer déi Gesetzgebung upassen, fir bei der Kompetitivitéit vun den Handwerksbetreiber och eng Gläichgerechtegkeet ze maachen.

Eng weider Neierung ass d'Ewechfale vun der obligatorescher Étude de marché fir Commercen iwwer 2.000 Metercarré, en net ze ënnerschätzende Käschtpunkt fir vill Entrepreneuren. Fir dass awer séchergestallt gëtt, dass net egal wou en egal wéi kann een opgemaach ginn, gëtt et spezifesch Autorisationen, déi och weiderhi bestoe bleiwen, fir dass awer net jiddweree ka maachen, wat e wëllt a wéi e wëllt.

Och do gëtt zum Beispill, an dat ass och virun allem eng laang Diskussioun gewiescht... Et muss och gekuckt ginn, wéi et mam Verkéiersopkommen ass a wat dat mat sech bréngt, wann iwwerall méi grouss Betreiber kommen, ob och d'Stroosseninfrastrukturen an d'Verbindungssachen deem entsprechen, fir dass och erëm méi e grössere Betrib sech kann niddderloossen.

Madame President, déi verschidde Beruffschamberen hunn duerch d'Bänk des Reform

begréisst. Dat mécht och d'CSV-Fraktioun, an ech ginn dofir den Accord zu deemem Projet de loi.

An ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme le Président.** - Merci dem Här Spautz. Den nächste Riedner ass den Här Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).** - Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären: „D'berufflech Selbststännegkeet, op déi eeg Faegkeete vertrauen, de Risiko agoen an e Betrib grënnen an domat fir sech selwer a fir aner eng Existenz grënnen, ass nach ëmmer d'Essenz vun engem Handwierkerbetrib.“ Dës Saz ass net aus menger Fieder, mä et ass eng Ausso, déi de President vun der Chambre des Métiers am Mee 2011 gemaach huet, dës bei Geleeenheet vun der feierlecher Remise vun de Meeschterdiplomern.

E Betrib ze grënne wier wuel e Risiko - esou gouf an deem Kontext gesot -, mä et géifen ëmmer nach Leit hei zu Lëtzebuerg ginn, déi bereet wieren, dës Risiko anzegoen. Ech kenne selwer engagéiert Leit a menger Regioun, déi d'Chance ergraff hunn, fir en eegene Betrib op d'Been ze stellen an ze iwwerhuelen. Et sinn dat Bierger, déi zum Beispill an enger éischter Phas als Architekt geschafft an dann decidéiert hunn, sech als klengen Entrepreneur selbstständig ze maachen an ze spezialiséieren. An et si souguer dorënner Leit, déi den öffentliche Sektor verlooss hunn, fir en Handwerksbetrib ze iwwerhuelen.

D'Handwerk huet nach ëmmer e gëllene Buedem. D'Handwerk huet Zukunft, zemoos an engem Land, deem seng Bevëlkerung klëmmt an an deem och an den nächste Joren de Bedarf u Wunnengen an en handwerklechen Dëngschtleeschungen zouhuele wäert. Et verwonnert dofir och net, dass zënter Joren all Dag Firmen - an et ass och elo d'Éinescht gesot ginn - aus dem noen a wäiten Ausland op Lëtzebuerg schaffe kommen.

Et weist, dass mir heiheem net nëmmen e grouss Besoin un artisanale Services hunn, et weist besonnesch, dass et eis u Fachkräfte feelt. An dofir heescht et an de Schoulen eng intensiv Promotioun fir déi handwerklech Ausbildungen ze maachen. Mir hunn et eréischt - d'Madame Minister erënnert sech gären drun - d'lescht Woch betount.

An Zukunft wäert et sech méi a méi lounen, en duebelen Diplom ze hunn, zum Beispill eng Première oder eng Treizième gekoppelt u e Meeschterbrevet. Am Ausland gëtt et déi dote Formel scho méi laang. A Studenten, déi dës Qualifikatiounen hunn, brauchen net ze fäerten, si géife keng Plaz fannen.

Madame Presidentin, d'Classes moyennes regroupéieren insgesamt 150.000 Persounen hei zu Lëtzebuerg. Dat entsprécht méi wéi 40% vum Emploi intérieur. Déi liberal Beruffer, ob als Handwierker, als Commerçant, als Architekt oder als Ingénieur-conseil, hunn, wéi schonns d'Éinescht betount, ëmmer nach e gëllene Buedem, zemoos wann ee bedenkt, wéi vill Fachleit hei zu Land an den nächste Joren an dës Beräicher wäerte gefrot ginn. Fachkräften, ob als Handwierker oder als Planer, ginn zusehends gebraucht, virun allem an engem Jorhonnert, an deem d'Ressourcëknappheet à la une ass.

D'Demokratesch Partei huet dofir zënter 2007 e grouss ugueluchten Albausänerungsprogramm gefuerdert, vun deem d'Bierger, d'Betreiber, de Stat a letzlech d'Ëmwelt profitéiert hätten. Mir hunn dat och haart an daitlech gesot, wéi d'Regierung hire Konjunkturprogramm am Budget 2009 opgestallt huet.

Madame Presidentin, wa mir haut iwwert d'Reform vum Droit d'établissement schwätzen, wëll ech am Numm vun der Demokratescher Partei verschidde Punkten erausgräifen, déi eis an deem Kontext besonnesch um Häerz leien.

Mir als DP begreifen emol fir d'Éischt, dass et mat deem Gesetz net zu enger wëller Deregulation kënn, wou ee sech ouni Weideres selbstständig maache kann. Den Exercice vun engem Beruff oder enger kommerzieller Tätigkeit muss ëmmer u bestëmmte Konditiounen gebonne sinn; denke mer un déi berufflech Qualifikatioun, déi ze respektéieren ass, oder denke mer un déi professionell Honorabilitéit.

D'Notioun vun der Honorabilitéit gëtt definiert an et gëtt eng Lëscht mat Feeler presentéiert, déi d'Honorabilitéit a Fro stellen. An deem Kontext sief awer bemierkt, dass et net no deem engen oder aneren Ajustement direkt zu engem automateschen Entzuch vun der Autorisation kann an dierf kommen. Dacks sinn d'Saachen net esou kloer an da muss Zäit bleiwen, fir kënnen ze apprécieieren, wat effektiv richtig geschitt ass.

Datt de Projet dozou bäidréit, fir de Phänomen vun de Bréifkëschtfirmen an de Faillites frauduleuses anzestämmen, dat ass u sech e wichteg Schrëtt, souwuel op sozialem wéi op ekonomeschem Plang. Mat deem Gesetz kënn et och zu deem, wat d'Handwerkskummer eng Dérégulation intelligente nennt. Den Accès zur Profession gëtt deemno facilitéiert, zum Beispill duerch Stagen an duerch Äquivalenz-Passerellen.

Dat ass eng Approche, déi mir als Demokratesch Partei nëmme guttheesche kënnen, wiewéissend, dass d'Bedierfnisse an d'Uspréich vun der Klientell an de leschte Jore geännert hunn. De Client wëllt am léifste mat engem bestëmmte Betrib schaffen, zemoos am Bauwesen. E Betrib, deen him e Package u Services ubitt. Dofir heescht et, méi cibléiert ze schaffen an de Client soumat besser ze zerwéieren.

D'Métiere mussen ënner Ëmstänn kompriméiert ginn, fir besser um Marché opgestallt ze sinn. Et ass gewosst, scho laang, dass etlech auslännesch Betreiber, déi aus der Grenzregioun bei eis schaffe kommen, virun allem an der Baubranche eng „all-in-one“-Lösung - wéi dat esou schéin heescht - offréieren. E gutt Beispill ass de Beräich vum Daachbau. Fréier ass fir d'Éischt de Charpentier komm, dann den Daachdecker respektiv de Ferblantier.

Déi Métiere waren nach bis viru Joren dacks getrennt. Haut sinn d'Betreiber anescht opgestallt, an et heescht déi verschidde Métieren ënner een Hutt ze bréngen. Fréier waren de Bäcker an de Pâtissier getrennt. Haut sinn d'Iwwergäng fleissend. D'Weiderbildung an d'Erfahrung féieren zu weidere Kompetenzen.

Mat deem Gesetz kënn also méi Flexibilität an d'Handwerk eran. Kleng- a mëttelgrouss Firmen kënnen gebündelt Produiten ubidden an esou dem Client an aller Transparenz a Sécherheet e méi komplette Service leeschten.

D'DP begreift dës Approche, zemoos well een net dierf vergiessen, dass mer eis selwer e Bee stelle géifen, wa mer op deem Gebitt un ale Muster wëlte festhalen. D'Konkurrenz aus der Grenzregioun ass scho laang ansichters positionéiert, an dofir ass och hei en Ëmdenken erfuerdert. Am Rapport vun der zoustänneger Chamberskommission geet net fir näischt Rieds vun enger Discrimination à rebours fir de Lëtzebuerger Mëttelstand, déi bis ewell schwéier ze akzeptéiere war.

Da begreift meng Fraktioun, dass mat deem Gesetz d'Notioun vun der Autorisation tacite agefouert gëtt. Et ass dës eng gutt Saach, well se de Betreiber eng gewësse Sécherheet gëtt, dass hiren Dossier bei der Verwaltung net schleeft. Et ass awer gewosst, dass a bal honnert Prozent vun de Fäll all déi Leit a Betreiber, déi zum Beispill am Handel tätig wëlle sinn, bannent kuerzer Zäit, heiansdo bannent nëmmen e puer Deeg, eng Genehmigung vun de Classes moyennes kriien.

Iwwert d'Autorisation tacite eraus ass et awer och wichteg, dass déi administrativ Prozedur vereinfacht gëtt an dass a bestëmmte Fäll, zum Beispill am Fall vun engem Changement d'adresse, op eng Notifikationsprozedur zrëckgegraff ka ginn.

Prinzipiell ass et och luewenswäert, dass mat deem Gesetz kloer gesot gëtt, wien a wat fir enger Chamber affiliéiert ass. Et gëtt natierlech Situatiounen, wou een an deenen zwou Kummere muss sinn; zum Beispill am Fall vun der Luxair, déi e Commercebetrib ass, mä well si en Atelier mat 50 Leit hunn, musse si och an der Handwerkskummer affiliéiert sinn.

Nach eng Bemierkung zu de Grandes surfaces. De Gesetzesprojet gesäit am Artikel 35 vir, dass d'Schaffung, d'Vergrösserung, d'Reprise, den Transfert oder de Changement vun de kommerzielle Branché vun enger Surface commerciale den Exigence vun der Landesplanung, der Qualität um Urbanismus oder dem Schutz vun de Konsumente muss entsprechen. Si muss am Besonneschen zum Rééquilibration vun den Agglomeratiounen bäidroen, duerch d'Entwécklung vun den Aktivitéiten an de Stadtzentren an an den urbanen Zonen.

Fir e Projet wéi Léiweng schéngen dës Kritären net ze gellen. Oder, Madame Minister? Mir wiere frou, och Ä Argumentatioun nom Här Innenminister vum leschten Dënschdeg ze héieren. Vill avertéiert Leit froe sech dofir, ob dësen Artikel net awer etleche Fräiraum fir Knätschgummi-Interpretatiounen zouléisst, an dann ass dee Paragraph, deen déi landesplaneresch Aspekter mat abezitt, net méi wäert wéi de Pabeier, op deem e steet.

Et ass u sech begreissenswäert, dass am Gesetzesprojet zu de Grandes surfaces, am Kontext vun der Landesplanung, en Abschnitt dem Aspekt vum responsabele Plang Rechnung dréit. Gläichzäitig wëll ech awer drop hiweisen, dass d'Handelskummer fënn, dass dës Kritären esou vag sinn, dass et eng grouss Interpretationslatitüd gëtt. Ech zitéieren d'Chambre de

Commerce: „pouvant induire des décisions arbitraires“.

Ofschléissend wëllt ech nach eemol drop opmierksam maachen, dass mer et mat deem Gesetz erméiglechen, de Betreiber administrativ Laaschten ofzehuelen an den Droit d'établissement esou ze reforméieren, dass en den Défien an den Exigence vun der moderner Wirtschaft gerecht gëtt. Et kënn heimat net zu enger blanner Flexibiliséierung, mä zu noutwendeger, jo onëmgängelecher Vereinfachung an zu verantwortungsvollen Upassungen am Interesse vun de betraffene Betreiber.

Mat der Reform vum Droit d'établissement geet et effektiv net duer. Mir brauchen doriwir eraus och, an ech hunn et schonns d'lescht Woch gesot, e Mentalitéitswiesel a Saachen Esprit d'entreprendre. „Entreprendre au sens large du terme“ ass hei gemengt. Dat muss an der Schoul ufänken, schonns an der Grondschoul, wou e selbstständig Schaffe gefördert muss ginn a wou een de Kanner ëmmer nees de Goût un deem Neien, deem Onentdecken, awer och um Schaffe fir a mat deenen anere gëtt.

Dat gesot, wëllt ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Lucien Clement, Merci soe fir säin detailléierten Bericht an domadder och den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme le Président.** - Merci dem Här Bauler. Den nächste Riedner ass den Här Scheuer. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Scheuer (LSAP).** - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wollt ech dem Rapporteur Lucien Clement Merci soe fir säi gudden schrëftlechen a mündlechen Rapport. Haut de Mëtteg stëmme mir iwwer eng ganz wichteg Reform of. Et geet ëm de Mëttelstand, d'Réckgrat vun eiser Ekonomik! Déi plakeg Zuelen, déi am Exposé des motifs opgeléicht sinn, si schonns impressionnant: 17.000 Entrepreneuren, 150.000 Aarbechtsplazen. Eleng an deene leschten zéng Joer sinn an deem Beräich 40.000 Aarbechtsplaze geschaf ginn.

De Projet de loi 6158 huet e laange parlamentaresche Wee hanner sech. Den Dépôt ass den 8. Juli 2010 gemaach ginn. D'Chamberen hunn alleguer hiren detailléierten Avis ginn. An de Statsrot huet a sengem éischten Avis net manner wéi 15 Oppositionen formelles gemaach! D'Aarbechten an der Chamberskommission waren net esou einfach. An ech menge soen ze kënnen, dass mir dem Enjeu vun deem Gesetz seriö Rechnung gedroen hunn.

Mir ännere mat deem Gesetz d'Regelen, déi festleeën, ënner wat fir enge Konditiounen een e Betrib opmaachen dierf. Domat ass dës Gesetz fir d'Lëtzebuerger Economie vu grousser Bedeutung. Den Droit d'établissement, d'Nidderloossungsrecht gëtt aus verschiddenen Ursachen reforméiert. Ech beschränke mech, Madame Presidentin, op e puer wichteg Aspekter vun deem Gesetz, dat jo vum Rapporteur am Detail virgestallt ginn ass.

Éischte Punkt. Dës Reform ass an éischter Hinsicht batter néideg, fir déi sougenannten Discrimination à rebours ofzeschafe respektiv ze verréngere, déi sech duerch verschidden EU-Direktive lues awer sécher opgebaut huet. Et ka jo net sinn, dass an eise groussen EU-Banemaart mat all senger Bewegungsfreiheeten e Ressortissant luxembourgeois et méi schwéier huet, sech hei am Land berufflech néierze-loossen, wéi e Bierger aus aneren EU-Länner, déi heihekommen, fir en Etablissement ze grënne a sech dobäi op EU-Direktive beruffen, déi méi laang si wéi eis Gesetz a Reglementer!

E puer praktesch Beispiller, déi dës Diskrimination beleeën, si scho frappant. Während e Lëtzebuerger eng Meeschterprüfung, also eng professionell héichwäerteg Qualifikatioun opweise muss, fir en Handwerk ausüben, brauchen EU-Bierger, déi zum Beispill während sechs Joer en Handwerksbetrib geleet hunn, laut EU-Recht keng professionell Qualifikatiounen nozuweisen, fir sech hei berufflech néierze-loossen. Doriwir eraus kënnen si souguer verschidde Métiere gläichzäitig ausüben.

De Projet de loi probéiert dës Diskriminierungen op verschidde Manéieren entgéintzewierken, andeems Ouverturen am Bezuch op berufflech Qualifikatiounen gemaach ginn. Et schiele sech ganz kloer zwou verschidden Approchen eraus. Am Handwerksberäich gesäit de Projet de loi e Modell vir, deen et erlaabt, d'Flexibilitéit op där enger Säit an déi néideg berufflech Qualifikatiounen op där anerer Säit mateneen an Aklang ze bréngen. Dat ass schonns eng Zort vu Spagat, deen engersäits d'Schafe vun Entrepreneuren erliichtere soll, an op där anerer Säit awer och déi néideg fachlech Kompetenzen garantéiere soll duerch e Fachwissen, dat dem Client eng gutt Aarbecht garantéiert.



Am Beräich vum Commerce gött, ofgesi vu speziell reglementéierte Secteure wéi zum Beispill dem Horesca-Secteur oder nach den Agent immobilier an d'Promoteuren, den Accès zum Beruff liberaliséiert. D'Formation an der Gestion d'entreprise ass net méi obligatoresch. Et brauch een entweder en DAP, fréier Geselleprüfung genannt, oder dräi Joer Beruffserfahrung, an dat egal a wéi engem Beräich. Hei gött d'berufflech Qualifikatioun also no ënne revidéiert. Dat muss ee schonn esou soen.

Der Chambre de Commerce geet dat awer guer net wäit genuch, a si seet an hirem Avis, ech zitieren: «Il y a lieu de supprimer l'exigence d'une qualification professionnelle pour toutes les activités commerciales non spécialement réglementées, à savoir le commerce de gros et de détail ainsi que les services de nature commerciale.»

De Statsrot huet eng ähnlech Approche a freet sech a sengem Avis, firwat d'Auteure vum Gesetzesprojekt eng „réglementation tellement stricte“ oprechterhalen, wann eis Nopeschlänner de Secteur vum Commerce a vum Artisanat liberaliséieren. Firwat déi Fro? Sécher well derhannert d'Iwwerzeegung steet, datt de Maart, de fräie Maart alles regelt an, fir et emol an der Sprooch vun der Bibel auszudrücken, d'Spreu vom Weizen trennt.

► **Une voix.** - Abee jo!

► **M. Ben Scheuer** (LSAP).- Dëst Gesetz stellt also e Kompromëss duer tëschent engersäits enger noutwendeger Liberaliséierung, fir der Discrimination à rebours entgéintzewirken, an anerersäits awer déi néideg berufflech Qualifikatiounen an d'Qualitéitsniveauen ze garantéieren. Awer och - an dat däerf een net aus den Ae verléieren -, fir de Faillité virzebeugen! Dat ass e wichtegen Aspekt, deen ëmmer nees an eisen Diskussiounen ugeklongen ass.

Eng Faillite huet meeschtens dramatesch Konsequenze fir deen, deen an der Faillite ass; fir d'Personal aus dem Betrib ouni Aarbecht, ouni Loun; fir déi Betriber, deenen d'Sue geschëllt sinn. Laut „Creditreform“ zu Lëtzebuerg hunn am Joer 2010 iwwer 900 Entreprisé Faillite gemaach. Dat bedeit en trauregen historesche Rekord fir eist Land! Laut CLC goufen an deenen éischte sechs Méint vun dësem Joer ronn 25% méi Faillité registréiert wéi ëm déiselwecht Zäit zejoert.

Madame Presidentin, d'Problematik vun de Failliten erlaabt et mir, zu engem zweete wichtige Volet vun dësem Gesetzesprojekt ze kommen, an zwar dee vun der Honorabilité professionnelle. Och wann d'Honorabilité professionnelle schonn am Gesetz vun 1988 eng Konditioun war, fir eng Autorisation d'établissement ze kréien, esou war d'Notioun awer net kloer definéiert. De Begrëff ass wahrscheinlech net esou llicht positiv ze definéieren, mä éischter negativ.

Dat heescht, datt Kritären opgestallt ginn, weini dës Honorabilitéit verluer geet. Weini ass dat? Bei gefälschten Dokumenter, bei onbezuelten öffentleche Scholden am Kader vun enger Faillite, bei enger gefälschter Kontabilitéit. Hei geet et jo drëm, fir de Client a fir de Stat viru potenzielle Widderhuelungstäter ze schützen. Dat erlaabt et, fir an Zukunft nozekucken, ob de Kandidat, deen eng Handelsermächtigung ufreet, och wierklech d'Garantie gött, fir datt hie säi Beruff kompetent an éierlech praktizéiere kann a wëllt.

Begrëssenswäert ass och, datt de Mëttelstandsminister e Patron, deen a Faillite gaangen ass an dee sech erëm wëllt nei etabléieren, dozou obligéiere kann, eng Formation an der Gestion d'entreprise ze maachen, déi vun de Beruffschamberen organiséiert gött. Och wann dat keng total Garantie gött, fir eng nei Faillite auszuschléissen, dann erhéicht et awer d'Chance, datt de Betrib besser gefouert gött.

Madame Presidentin, den drëtten Punkt. Nieft der Honorabilité professionnelle gött och nach eng aner Konditioun prezisiéiert, fir eng Autorisation d'établissement ze kréien, an zwar déi vun enger Installation matérielle appropriée, mat deenen néidegen techneschen an administrativen Equipementer. Esou kann an Zukunft besser dem Phenomeen vun de Bréifboitëfirmaen entgéintgewierkt ginn, wou auslännesch Entreprisé sech fiktiv hei néierloossen, dat mat engem eenzegem Zil: fir vir eisem avantagéisen Ëmfeld am Beräich vun de Steieren an der Sécurité sociale ze profitéieren, ouni awer d'Absicht ze hunn, hei eng reell Aktivitéit auszeüben.

Dëse Phenomeen kann een och als Concurrence déloyale vis-à-vis vum eisen Nopeschlänner betruechten. Et wier schonn interessant ze wëssen, wéi vill där Entreprises et gött an aus wat fir enge Länner si kommen. Sinn et haapt-sächlech eis Nopeschlänner, oder kommen d'Entreprisé vu méi wäit hier?

Madame Presidentin, en anere wichtige Volet am Gesetzesprojekt, dee begrëssenswäert ass,

ass dee vun der Simplification administrative. D'Aféierung vun der Autorisation tacite, d'Ofschaffung vun der Commission consultative sinn alles Dispositiounen, déi d'Prozedur, fir eng Autorisation ze kréien, solle vereinfache respektiv méi schnell maachen.

(**M. Laurent Mosar reprend la présidence.**)

Och wann de Prinzip vun der Autorisation tacite no dräi Méint begrëssenswäert ass, esou muss een awer och dozou soen, datt d'Autorisation tacite kaum wäert zum Asaz kommen, well déi administrativ Décisiounen a puncto Autorisation d'établissement och elo scho schnell geholl ginn. An der Moyenne dauert dat zwou bis dräi Wochen.

Här President, de Gesetzesprojekt schaaft also e moderne Kader, deen den europäesche wéi och de betribswirtschaftlechen Evolutiounen, déi et an deene leschte Jore gouf, Rechnung dréit. En enthält vill positiv Aspekter, déi et dem Mëttelstand erlabe sollten, fir sech weiderzeentwéckelen. De Bilan muss mer no enger gewëssener Zäit zéien.

Am Numm vun der LSAP-Fraktioun ginn ech den Accord zu dësem Projet de loi an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Scheuer Merci. Als nächste Riedner ass den Här Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech am Ufank dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëttlechen awer och mëndleche Rapport. Ech mengen, hien ass am Detail op déi wichteg Reform agaangen, iwwert déi grouss Linnen, déi hei beschriwwen gi sinn. Et geet ëm d'Nidderloossungsrecht vum Handwierk, Handel an eng Rei liberal Beruffer. Och ass en op déi eenzel Aspekter agaangen, wat d'Vereinfachung vun dem Zougank zu engem Beruff ugeet. Ech mengen, och do huet déi gréng Fraktioun kee Problem, fir dat mat ze ënnerstëtzen. An et ass och gutt, dass déi Vereinfachung komm sinn an dass och eng besser Lisibilitéit zu deenen eenzelne Beruffer do ass.

Ech brauch och, mengen ech, net hei nach eng kéier op d'Noutwendegkeet an d'Wichtigkeet anzegoen, wat d'Handwerksbetriber oder de Mëttelstand am Allgemengen hei zu Lëtzebuerg duerstellen. Duerfir wëllt ech just déi Punkten eraushuelen, déi déi gréng Fraktioun och an der Chamberskommissioun méi kritesch gekuckt huet an déi eis dann och derzou verleet hunn, dësem Projet schlussendlech dann awer net eis Zoustëmmung ze ginn. Ech wëll duerfir am Eenzelnen op déi vläicht zwee méi Haapt-, awer een oder dräi Kritikpunkten agoen, ouni awer zum Schluss vläicht op déi eng oder déi aner Vereinfachung wëllen anzegoen.

Den éischte grouss Kritikpunkt, dat ass fir eis ganz kloer d'Autorisation tacite. Mir haten dat och scho bei der Ëmsetzung vun der Direktiv „services“ hei erwähnt, dass mer et net richtig fannen, dass mer an déi Richtung ginn, an dass et sécherlech wichteg ass, dass all Demande an engem rasonablen Zäitraum opgeschafft ka ginn.

Mir mengen awer, et ass de Prinzip, an deem net onbedéngt déi richtig Moyenn sinn. Ech wëll dat erklären, zemoos och hei vläicht - dat muss een erwähnen, an dat ass och vläicht e Luef un de Mëttelstandsministère selwer - keen direkte Besoin do ass, mengen ech, fir déi dräi Méint do anzehalen, well no den Aussoe vun der Ministesch an och vun den zoustännige Beamten an der Kommissioun ginn d'Dossiere relativ zügig am Ministère ofgehandelt, esou dass déi Betriber relativ séier, wann en dann och fäerdeg ass - an dat ass jo och oft de Fall, wat falsch verstane gött, dass oft den Dossier net ganz komplett ass an et do och oft zu engem Hin an Hier kënnt, fir den Dossier da schlussendlech komplett ze kréien, fir en dann ze verschaffen.

Also, no den Aussoe war do Rieds vun aacht oder vun néng Deeg, mengen ech - d'Ministesch kann herno vläicht dorobber nach agoen -, mä mir mengen, dass vläicht dann de Problem op engem aneren Niveau läit. Et sinn eng ganz Rei Verwaltungen, menge mir jiddefalls, déi vu verschidden Unzuele vun Dossiere praktesch iwwerschwemmt ginn, an dass et dann oft zu enger Verschleefung oder Netbehandlung an engem gewëssenen Zäitraum kënnt.

A wann dann emol e Problem do ass, mengen ech, oder et geet net weider, dann ass et vläicht e Fall vu falscher Besetzung innerhalb vun der Verwaltung oder vun Ënnerbesetzung. An ech denken, dass ee sech do éischter misst mat deem Problem ausenanersetzen, anstatt en Automatismus anzeféieren, dee mir an deem Sënn net wëllen ënnerstëtzen, wat mer och schonn an der Direktiv „services“ deemools gesot hunn.

En zweete Punkt, deen ech och schonn an der Kommissioun am Numm vun deene Gréngen erwähnt hunn, dat ass d'Ofschaffung vun deem Roudag op den Tankstellen. Dir wësst, d'Tankstellenouverturë si geregelt vun engem Gesetz, dat datéiert vun 1976. An hei mat dësem Gesetz gött och do d'Ouvertureszäit op siwen Deeg erweidert. Mir mengen, dass dat och net dee richtige Wee ass, insbesondere well mer nach ëmmer déi Ofhängegkeet am Tanktourismus hunn, déi mer heimadder souguer nach zementéieren a weider ausbauen.

Mä et ass emol net dee Grond eleng, deen eis, oder dee Grond, deen ausschlaggebend ass fir déi Kritik dorunner, wou dat dann dozou féiert, dass mer dësem Gesetz hei net kënnen zoustëmmen. Mä et ass éischer, dass et net der Philosophie vun eis entsprécht, nämlech dass mer éischer wëllen erëm hikommen an eng méi kohärent Landesplanung, dass eben net d'Tankstell haut als Tante-Emma-Laden betruucht gött, mä dass mer éischer dohi schaffen, erëm innerorts versichen en Handel oprechtzeerhalen, fir méi eng kohärent Entwécklung innerhalb vun den Dierfer ze kréien, an net d'Auslagerung op d'Tankstellen, wou mer dann d'Öffnungszäiten och deels bis spéit an d'Nuecht eran hunn.

E weidere Kritikpunkt oder e Problem ass sécherlech och d'Vente vun Alkohol op den Tankstellen. Mir hätte léiwer gehat, mir hätten hei fir d'Éischt emol d'Analys gemaach, wéi wäit d'Auswirkungen op dee Phenomeen sinn, an och, ob déi Anhalung vun der Surface - well et ass eng minimal Surface, déi virgesinn ass, no enger gewëssener Zäit owes -, ob déi iwwerhaapt agehale gött.

En drëtten Punkt - den Här Bauler hat et virdrun och a senger Interventioun kuerz erwähnt -, dat ass d'Autorisation vu Grandes surfaces. Mir begrëssen et, dass dat an dësem Gesetz awer nach stoe bliwwen ass, dass, wa grouss Surface kommen, och d'Opportunitéit ënnersicht gött, dass dann awer och déi landesplaneresch Elementer gekuckt ginn.

D'Gesetz, den Artikel 35 huet och eng ganz Rei Kritären opgestallt, ënnert dem Punkt 4 sinn déi opgeléicht, zum Beispill déi vun der Landesplanung, och déi vun der Zone d'activité économique an och vum Transport. Mir mengen hei awer erauszulesen, wann ech de Kritär vum Transport kucken, dass mer hei eng gesetzlech Legitimatioun kréien, fir herno Léiweng ze bauen. Wëll ënnert dem Punkt 4B steet zum Beispill fir den öffentlechen Transport: „Le projet doit comporter un concept de service minimal en matière de transport collectif.“ Ech mengen, dat geet an eisen Aen net wäit genuch.

Dee Projet, wéi en de Moment an den Diskussiounen ass an och schonn deels virgestallt gouf, huet e minimaalt Konzept vun engem öffentlechen Transport. A mir mengen oder mir fäerten, dass heimadder eng nodréiglech Legitimatioun kënnt, fir dee Projet kënnen ëmzesetzen.

Zum Schluss - well virdrun meng Virriedner méi wéi am Detail och op déi positiv Elementer agaange sinn, déi trotzdem dat Gesetz huet, obscho mer et da vläicht net esou ënnerstëtzen - bleift nach de Phenomeen vun der Boîte à lettres. Ech mengen, een, dee Responsabel ass an enger Gemeng, wou dee Phenomeen ganz grouss ass, do erhoffe mer eis heiduerch vläicht méi eng Handhab ze kréien, fir de Bréifkëschte-Phenomeen besser an de Grëff ze kréien.

Och d'Réckmeldung vun iwwerhaapt Commercer an enger Gemeng un d'Gemenge wier wichteg. Dat ass jo och heimadder erwähnt ginn, an ech mengen, am Rapport steet jo och dat niddergeschriwwen, dass och d'Gemengen erëm méi an d'Bild gesat ginn, wa Commercen an deenen eenzelne Gemenge sech usiedelen.

Zur gudder Lescht nach eng kéier: Mir kënnen eben eis Zoustëmmung net ginn, aus deene virgenannten zwee Kritären, besonnesch dee vun der Autorisation tacite an de siwen Deeg Ouverture vun den Tankstellen.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kox. Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Merci, Här President. Mir diskutéieren haut e wichtegt Gesetz. Déi bestehend Gesetzgebung ass 20 Joer al an et huet ee gesinn, datt et décke voll Zäit ginn ass, datt mer déi ganz Gesetzgebung iwwerhuelen. Si hat en éischer protektionistesche Charakter. Mä et gesäit een awer och an der Praxis all Dag, datt de System net méi funktionnéiert huet, well ganz vill Leit, déi hei zu Lëtzebuerg keng Autorisation kritt hunn, sinn deen Ablack op Arel, op Diddenuewen oder op Tréier gaangen, hunn do eng Autorisation kritt an déi dann iwwert déi europäesch Reglementatioun zu Lëtzebuerg iwwerschreiwelooss.

(**Interruption**)

Ech mengen, jo, Här...

(**Interruption**)

Ech weess, datt den Här Boden... Mä ech kann lech awer soen, et sinn der e puer, déi dat esou gemaach hunn, wa se Schwieeregkeeten haten. An et ass dowéinst, wou et awer och richtig ass, datt een elo e richtigen, en uerdentlechen Toilettag vum der Gesetzgebung gemaach huet.

Et ass och ze begrëssen, datt mer duerch dëst Gesetz déi sougenannte Bréifkëschtfirmen ewechkréien. An den Här Rapporteur a Président vun der Kommissioun, deen e ganz gudden Rapport gemaach huet, mëndlech wéi schrëttlech, an och déi ganz Debatte ganz gutt gefouert huet, huet hei mat Recht drop higewisen, datt dat ee vun de Punkten ass, wou et wichteg ass, datt mer do agräifen. Well mir gesinn, datt et ganz vill Abusé gött.

Mir gesinn zum Beispill, datt Firmen hei eng Gesellschaft grënnen, wou se Personal astellen, wou se alleguerde méi wéi dräi Kanner hunn, well se deen Ablack Intérêt hunn, wéinst den Allocations familiales an aneren Avantagen, déi hei zu Lëtzebuerg ze domiciliéieren, obwuel déi Leit selwer net wëssen, wou Lëtzebuerg läit an héchstwahrscheinlech hir Féiss ni hei op Lëtzebuerg dinn. Ech mengen, esou Saache muss verhénnert ginn, datt mer dat ewechkréien.

Da wëll ech eppes begrëssen - an do sinn ech guer net mat onsem grénge Kolleeg d'accord, well dat ass eng vun de Konditiounen gewiescht, woufir mir dësem Gesetz zoustëmmen -, dat ass, mir begrëssen, datt mer ëmmer méi an onser Gesetzgebung d'Autorisation tacite aféieren.

Et ass absolut wichteg, datt, wann ee wëllt eng Autorisation kréien, dann de Stat, dann d'Regierung, dann d'Administratiounen an engem kuerzen Délai äntworten, an net all méiglech Tricken - well ee keng Zäit huet oder soss eppes vergiess huet -, sou dass een da muss waarde bis... Ech mengen, dass ass reaktionär. Dat ass net der moderner Welt haut entsprach. An dann huet ee besser effektiv an d'Ausland ze goen, fir sech... Do geet et nämlech rapid. Duerfir ass de Prinzip vun der Autorisation tacite eng vun de Konditiounen, firwat mir dëst Gesetz wëlle stëmmen.

Da wollt ech och, well déi Debatt méi oft kënnt, der Madame Mëttelstandsministerin awer soen, datt, egal wéi d'Gesetz elo interpretéiert gött, d'ADR géint de Projet Léiweng ass. Do kënnt Der d'Gesetz esou interpretéieren an dréien, wéi Der wëllt, dat ass elo dat, wat elo wichteg ass, datt dat esou gesot gött.

Da muss een awer och drop hiweisen, datt mer eng etlech Diskussiounen haten hei an dësem Kontext, datt mer gesinn hunn, datt de Conseil d'État ons ganz vill Oppositions formelles gemaach huet. Ech mengen, en huet en nationale Rekord gebracht! An ech wäert do nach e bësselche méi drop zrëckkommen.

Mä ech wëll awer fir d'Éischt drop hiweisen, datt am initiale Projet de loi vun der Regierung, do stoung dran, datt d'Organisateurs de spectacles érotiques, datt déi misste Cours de droit de l'Homme matmaachen. Well op eng kéier awer dunn et verschidde Schwieeregkeete gi sinn an de Conseil d'État och fonnt huet, datt dat ze vill spezifesch wier, ass elo an d'Gesetz gesat ginn, datt allegueren déi, déi e Café opmaachen, déi en Hotel hunn, déi mussen elo Cours de droit de l'Homme matmaachen.

Mä wann ech elo den Text hei liesen, wéi en hei geschriwwen ass, Här Rapporteur, do liesen ech dat: „la formation portera également sur le respect des droits de l'homme“ - „droits de l'homme“ klenggeschriwwen -, wat also heescht, datt deen Ablack d'Organisateurs de spectacles érotiques an Zukunft d'Rechter vum Mann mussen geléiert kréien a spezielle Coursen!

(**Hilarité**)

Duerfir géif ech proposéieren, datt mer vläicht „droits de l'Homme“ géifen net mat engem klengen „h“ **schreiwen, mä mat engem groussen „H“**. **Da wier et un d'Mënscherechter gerichtet** an da wier et e bësselche méi richtig, wat hei gemengt gi war. Ech weess net, ob dat reng legislativ, vun der Legistik, pardon, hier esou méiglech ass. Mä ech mengen, et wier awer richtig, well soss kéint et eventuell falsch verstane ginn, an d'Madame Ministerin hätt eng etlech Schwieeregkeeten, fir dann esou Coursen richtig ze organiséieren. Mä ech huelen awer un, datt se déi néideg Experten och an der Regierung géif fannen.

(**Hilarité**)



Den anere Punkt, op deem ech wollt agoen, dat sinn d'Oppositions formelles vum Conseil d'État. Wéi ech gesot hunn, en hat etlecher do gemaach, am Ganze 15 Stéck! An et ass eng, op déi ech wëll méi spezifesch agoen, well ech do heiansdo mer d'Fro stellen, ob net am Conseil d'État e puer Leit sinn, déi mengen, de Conseil d'État, dat wier e Jicclub!

(Interruptions et hilarité)

Woufir? Ma well mir alleguerten der Meenung sinn, mir hunn där Saachen elo schonn e puer hei an der Chamber gestëmmt, wou gesot ginn ass, datt mer misste vum Strofrecht an ekonomesch Saachen ewechkommen an datt mer sollte méi op d'Sanctions administratives hikommen. Mir hunn dunn an der Kommission och en diesbezüglichen Amendement erabruucht. An da liest een, datt de Conseil d'État a sengem Avis seet: «Le Conseil d'État s'oppose formellement à ce texte qui ne respecte pas le principe de la légalité des incriminations prévu par les articles 12 et 14 de la Constitution.» Dat heescht, datt den Amendement, dee mer do gemaach hunn, verfassungswidrig wier!

Mä deen, deen dat geschriwwen huet, deen huet net gelies, wat de Conseil d'État nach virun e puer Deeg geschriwwen huet, zum Beispill bei dem Code de la consommation. Do seet de Conseil d'État an dem Avis vum Gesetzesprojekt 5881A: «Le Conseil d'État s'interroge sur le recours systématique à des sanctions pénales pour réglementer les matières économiques et commerciales. Il préconise une réflexion approfondie sur l'utilisation de l'instrument de l'acte administratif répressif ou de la mesure pénale en ces matières.» An en huet also elauter Texter proposéiert deen Ablack, wou et em Sanctions administratives gaangen ass.

Dann hate mer en anere Projet de loi iwwert d'Communications électroniques. Do huet de Conseil d'État Folgendes gesot: «Le Conseil d'État exige (...) que soit institué un recours en réformation devant le tribunal administratif contre les décisions prononçant des amendes d'ordre.» A wa mir dat da maachen an en Amendement erabringen, deen 100% deem entsprécht, wat de Conseil d'État seet, dann ass op eng Kéier eng Opposition formelle do. Do muss ech éierlech soen, do huet een e bësselche Schwierigkeeten, fir déi Logik, déi do besteet, ze verstoen! Et ass evident, et ass och net ze verstoen, well keng Logik dran ass.

Dofir muss ee sech elo an Zukunft, mengen ech, Madame Ministerin... géif ech lech eng Suggestion maachen. Dir déposéiert e Projet de loi, en neien, wou Der deen Amendement mat de Sanctions administratives eragitt, an dann huelen ech un, datt de Conseil d'État, dee vläicht da vum Hellege Geescht besess gëtt, dann awer kéint op eng Kéier op déi Iddi do zrëckkommen an nees erëm déi Sanctions administratives, déi e selwer préconiséiert, duerchzéien.

Woufir ass dat wichteg, datt mer op de Wee vu Sanctions administratives ginn? Ma well mer wëssen, datt de Parquet hésitéiert, fir all Kéiers strofrechtlech Bestëmmungen duerchzéien.

Ech ginn e Beispill: Wann een illegal Taxifahrer mécht an e steet um Findel do an et kënnt e Polizist an dee mécht em och nach eng Plainte pénale, do kënnt Der sécher sinn, an ech kéint lech e puer Beispiller ginn, déi gi klasséiert, well dat relativ komplex ass, fir dat da bei den Untersuchungsrichter ze bréngen an hei an do. Mä wann deen illegalen Taxifuerer, deen do steet, eng Amende administrative vu 500 oder 1.000 Euro kritt, ech mengen, dann huet en et séier bekäppt an da gëtt et och effikass, datt déi Gesetzgebung, déi mer hei hunn, kéint respektéiert ginn.

Déi aner Saach, déi ech nach wollt ofschléissend soen, dat ass, datt ech hoffen, datt den Här Justizminister, wat d'Reform vun de Failliten an de Banquerouten ugeet, am Hierscht dës Joer wäert e Projet de loi oder e puer Iddien op de Pabeier bréngen, well et ass och wichteg, datt mer do nei Weeër ginn, well mir hu ganz vill Failliten, déi net poursuivéiert ginn, obwuel et Banquerouten wieren, well d'Rémunération vum de Curateur schlecht ass, well munches do net an der Rei ass.

Mä dat gesot, mengen ech, ass et awer iwwert de Fong e gutt Gesetz, notament weinst der Autorisation tacite a weinst enger Modernisierung vum deem Ganzen. An dofir wäert d'ADR dësem Gesetzesprojekt och zoustëmmen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Henckes. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun, an elo kritt d'Wuert d'Madame Méttelstandsministesch Françoise Hetto-Gaasch.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch, Ministre des Classes moyennes et du Tourisme.** - Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll em fir unzefänken dem Rapporteur, dem Här Lucien Clement, ganz häerzlech félicitéiere fir säi wirklech ganz kompletten, exzellente Rapport, deen en de Mëtteg hei presentéiert huet. An da wollt ech awer och all de Membere vun der Chamberskommission Merci soen. Mir hate wirklech kritesch, awer ganz konstruktiv Diskussiounen an där Kommission, an ech wollt lech dofir wirklech villmools Merci soen. An da schlussendlech e grouse Merci un all d'Riedner vun haut de Mëtteg.

Ech wëll vläicht just kuerz, éier ech op verschidde Remarqueng aginn, e puer Saache soen, déi en rapport si mat der Reform vum Droit d'établissement. Dat heite Gesetz, dat concernéiert zwee Drëttel vun all eisen Entreprises. Dat heescht, dat hei Gesetz concernéiert 20.000 Entreprises. An déi Entreprises, déi garantéiere ronn 50% vun eisen Aarbechtsplazen.

Dat heescht, de Mëttelstand, dat muss ee soen, ass e Secteur, dee ganz vill Aarbechtsplaze schafft. An deene leschten zéng Joer eleng si 40.000 Aarbechtsplaze geschaf ginn. Dat weist, dass de Mëttelstand e ganz groussen Deel vun eiser Economie duerstelt. Hien ass dee ganze Commerce, dat ganz Handwierk, déi ganz Hôtellerie plus d'Gastronomie, déi ganz Déngschtleeschtungsbetriber, vill liberal Berufler wéi Architekten, Ingenieuren, Kontabelen, d'Expert-comptables, d'Conseils économiques a Geometeren. Déi alleguer gehéieren zum Mëttelstand.

De Mëttelstand ass awer och e Secteur, deen héich concurrencéiert ass. Dat heescht, dass ganz vill Entreprises ënnerene Konkurrent sinn. An duerfir ass et wichteg, extrem wichteg, dass de Législateur dës wichtige Secteur vun eiser Economie och regelt an domadder sécherstellt, dass keng deloyal Konkurrenz entsteet an eng gesond Konkurrenz besteet.

Dës Gesetz versicht also eng ganz Rei Ziler ënnert den Hutt ze kréien. Engersäits soll den Entrepreneursgeescht, Entrepreneurship gefördert ginn, anerersäits soll awer och administrativ vereinfacht ginn, an awer soll eng loyal an eng gesond Konkurrenz garantéiert ginn. Dat hu mer versicht ze realiséieren, andeems mer, ech géif soen, responsabel liberaliséiert hunn. Mir hunn also do vereinfacht, wou een dat konnt maachen, ouni grouss Qualitätsverloschter ze verursaachen, well - ech wëll dat op dës Plaz och eng Kéier soen - mir sinn net nëmme responsabel vis-à-vis vun eise Betriber, mir hunn och eng Responsabilitéit vis-à-vis vum Konsument an och vis-à-vis vun de Fournisseure vun de jeeweilege Betriber.

Mir hunn den Accès à la profession erliichtert an domadder den Entrepreneurship gefördert, do, wou dat sënnavoll war. A mir hunn e méi streng gemaach, wou d'Expérience vun deene leschte Joren zum Beispill gewisen huet, dass do nach ëmmer op verschidde Plaze ganz vill Schmu gemaach gëtt. Ech mengen hei virun allem bei der Honorabilitéit vu verschidde Gérants vun Entreprises an - dat ass och de Mëtteg e puermol ugeschwat ginn - bei de Bréifkëschtgesellschaften.

Do wollt ech awer soen, dass et wichteg ass, dass een dat net vermëscht mateneen. Bréifkëschtgesellschaften an Domiciliatiounen sollt een net vermëschen, well d'Domiciliatiounen, déi solle selbstverständlech net duerch dat hei Gesetz aneschtens reglementéiert ginn.

Et war also den Objet vun dësem Projet de loi, fir den aktuellen Droit d'établissement de fond en comble ze moderniséieren. Et ass jo bekannt, dass den Droit d'établissement zënter 1988 schonn e puermol punktuell adaptéiert ginn ass, mä et war elo einfach Zäit, fir dat ganz nei ze maachen.

Dës Reform huet sech nämlech och duerch d'Direktiv „services“ opgedrängt. Mir hunn also versicht, vun där Geleeënheet ze profitéieren an net nëmmen d'Direktiv „services“ punktuell ëmzesetzen, mä wirklech eng fundamental Reform vum Droit d'établissement ze realiséieren, esou wéi dat och am Plan d'action en faveur vun de PMEE virgesinn ass.

An deem Kontext wëll ech drop hiweisen, dass eise Service vun den Autorisationen och seng ISO-9000-Zertifikatioun verlängert kritt huet an dass duerch een neien Informatiksystem ewell d'Autorisationen vill méi séier kënnen ausgestellt ginn.

Eng grouss Neierung ass natierlech d'Aféierung vun der Autorisation tacite, déi eis gréng Kollegen elo net mat ënnerstëtzen, mä déi awer dem Requirant eng méi eng grouss Planungssecherheet gëtt. De Moment hu mer ronn 11.500 Dossieren am Joer, déi ënnert dem Droit d'établissement gefouert ginn. Dat si Neigrënnungen, mä awer och ganz dacks nëmme Changementen vum Gérant oder Changementen vun der Aktivitéit.

Do ass also vill Aarbecht ze leeschten, fir all déi Dossieren an engem korrekten Délai ze evakuéieren. Abee, mir mengen, dass dat heite Gesetz, wat jo viles vereinfacht, awer wéi gesot och Verschiddenes méi streng mécht, an eis nei Informatik et erlabe missten, geschwënn, a fënnel Deeg en moyenne, eng Autorisation kënnen ausstellen. An ech wëll dat betounen, well dat ass ëmmer nëmmen de Fall, wa mer en Dossier erakréien, deen och komplett ass. Fënnel Deeg en moyenne, dat ass an Europa e ganz gutt Resultat.

Wat wäert sech dann elo konkret änneren bei de Konditione, wann ee sech dann elo wëllt selbststänneg maachen? Majo, wa mer elo mam Commerce ufänken, fir d'Éischt emol, dat si ronn véier Fënnel vum eisen Autorisationen, déi mer erausginn. Et brauch een an Zukunft also entweder den DAP, den Diplôme d'aptitude professionnelle, dat geet an Zukunft duer, oder e vergläichbaren Diplom oder méi en héijen Diplom.

Oder iwwert d'Formation accélérée, déi vun der Chambre de Commerce offéiert gëtt, kann een dat och maachen. Oder déi drëtt Méiglechkeet: Et geet iwwert de Wee vun dräi Joer Berufserfahrung. Dat, dräi Joer Berufserfahrung, fir e gewëssent Mooss u Responsabilitéit an Erfahrung awer wirklech kënnen ze garantéieren.

An Zukunft geet am Commerce also eng allgemeng Berufserfahrung duer, fir sech kënnen op säin eegene Kont ze etabléieren. Natierlech, an dat wëll ech och hei gesot hunn, schuet all spezifesch Formation sécher näischt, mä si ass awer net méi zwéngend erfuoderlech. Am Commerce gëtt also ganz staark liberaliséiert, esou dass een am Fong geholl hei net méi ka vun enger Discrimination à rebours vis-à-vis vun eisen Nopeschlänner schwätzen.

Am Horescaberäich, Horescaberäich sinn déi dräi Konditione, wéi ech elo gesot hunn, souwiso Bestand, awer zousätzlech nach eng Formation an der Hygien an an der Sécurité alimentaire erfuoderlech, an och am Beräich vum Jugendschutz an de Mënscherechter; Droit de l'Homme mat engem groussen „H“ geschriwwen.

(Hilarité)

Hei sinn haaptsächlech d'Caféen da viséiert.

Am Handwierk ginn eng etlech Berufler regroupéiert, fir dass d'Handwierker kënnen méi Aktivitéiten ausüben. Dat erméiglecht wirklech och enger ganzer Rëtsch vu Betriber, hire Clienté méi e komplette Service unzébieden, an et hëlleft hinnen natierlech och, fir méi kompetitiv vis-à-vis vun hiren auslännesche Konkurrenten ze sinn.

Och ass et an Zukunft méiglech, wann ee mat engem DAP während sechs Joer an enger Fonction dirigeante geschafft huet, e Meeschterhandwierk auszeüben. Do wäert elo deen een oder aneren, deen de Meeschterbréif gemaach huet, erstaunt sinn. Mä ech wëll awer soen, sechs Joer an enger Fonction dirigeante, dat ass net näischt, dat muss ee fir d'Éischt emol och nowiesen, well eng einfach Expérience professionnelle vu sechs Joer, déi geet manifestement do net duer.

Zum Handwierk wëll ech nach just och op déi Remarque agoen, déi vum Conseil d'État an och vu verschidde Presseartikelen gemaach ginn ass. Jo, mir si méi streng wéi verschidden aner Länner an Europa, mä ech sinn awer net d'accord, fir, besonnesch beim Handwierk, vun enger Discrimination à rebours ze schwätzen. Mir sinn nämlech genausou streng wéi eis däitsch Noperen, wéi d'Éisträicher an och wéi d'Schwäizer, an dat si Länner, wou d'Handwierk eng grouss Tradition huet a wou dat och ganz gutt funktionnéiert. Fir sech am Handwierk u Länner ze orientéieren oder ze inspiréieren, wou et éischter net esou gutt klappt, dat wier irresponsabel.

Just fir ze soen, a Frankräich si se amgaangen ze iwwerleeën, fir notament am Bauhandwierk méi eng héich Qualitéitsexigence erëm ze froen, well hiren aktuelle System ganz vill Qualitätsproblemer mat sech bréngt an ëmmer erëm méi Affären um Geriicht landen, wou onzufriedene Clienten d'Entreprises usichen.

Da kuerz zu de liberalen Berufler: Do changéiert am Groussen a Ganze net ganz vill, just den Unisdiplom gëtt bei deenen, déi bis elo véier Joer Studium haten, op e Master eropgesat. Ausserdeem sinn et e puer Berufler, wou d'Expérience professionnelle vun engem op zwee Joer eropgesat gouf. Dat betrëfft haaptsächlech d'Architekten, d'Ingenieuren an d'Urbanisten.

An à propos Urbanisten: Am Gesetz iwwert den Aménagement communal, dat jo elo den 1. August a Kraaft trëtt, do gëtt jo de Beruff vum Urbanist agefouert. An Zukunft muss esou een Urbanist och eng Expérience professionnelle nowiesen. Vu dass et dee Beruff awer bis elo ënnert där Bezeichnung hei zu Lëtzebuerg net

gouf, dat ware bis elo Architekten an Ingenieuren, déi déi Aarbecht gemaach hunn, vu dass dee Beruff also réellement net bestanen huet, wäert natierlech als Expérience professionnelle, esou wéi mir dat froen, och déi Aktivitéit als Urbanist unerkannt ginn, déi vun engem autoriséierten Architekt oder Ingenieur ausgeübt ginn ass. Dat ass och esou am Rapport vun der Chamberskommission festgehalleginn.

D'Grande-surfaces, do bleift eng Autorisation particulière widerhi bestoen, mä si gëtt ganz anere Kritären ënnerworfen. Net méi de Risque de déséquilibre an enger Branche commerciale ass ausschlaggebend, mä den Impakt op d'Landesplanung an den Trafic. An an Europa spilt dann an alle Länner deesewechte Kritikär.

Zu de Jours de repos vun den Tankstellen: Ech wëll dorobber hiweisen, dass dat ee Punkt ass, deen am Regierungsprogramm steet. Do fält mat dem Akraafttriede jo vun dësem Gesetz de gesetzleche Roudag ewech, dat heescht d'Tankstellen, déi mussen net méi dee Roudag anhalen. Si kënnen, mä si mussen net.

Ech wëll just och soe bei där Geleeënheet, wann een e weideren Dag op huet, dass ee vläicht och kann driwwer nodenken, dass dat zousätzlech Aarbechtsplaze schafft.

Dat ass fir d'Tankstellen awer och eng Contrainte manner an och eng Simplification administrative an deem Sënn, well bis elo hu si ëmmer missen all sechs Méint déi Roudag nei ufroen, an dann huet dat och ëmmer all Kéiers misse kontrolléiert ginn. Dat heescht, an deem heite Fall ass et och eng Simplification administrative.

An à propos Simplification administrative: Dës Gesetz erlaabt och vill méi eng effikass Zesummenaarbecht tëschent de verschiddenen Administratiounen. Dat spuert Zäit, Zäit ass Geld, an dem Requirant erspuert et eng ganz Rei vu sougenannten administrativen Démarchen, well déi ginn an Zukunft vun den Administratiounen ënnerenee geregelt.

Och wäert et an Zukunft - an dat ass eppes, wat eis och ganz wichteg war, an der Kommission hu mer och laang driwwer geschwat - méi einfach sinn, fir eng Transmission d'entreprise ze organiséieren. Éischtens emol, well d'Beruffsexpérience méi Wäert kritt a verschiddenen Examen et kënnen duerch Berufserfahrung ersat ginn.

Zweetens awer och, well am Fall, wou de Gérant zum Beispill onerwaart ewechfält, eng Rei méi flexibel lwwerschreiwungsméiglechkeeten op Familljememberen, awer och op laangjäheg Mataarbechter méiglech sinn.

Nach ee Wuert zu de Sanctions administratives: Also mir hunn dat am Fong geholl an der Chamberskommission ganz gutt fonnt, fir déi anzeféieren an am Fong geholl eng Rei vu penale Sanktiounen als administrativ Sanktiounen ëmzeformuléieren. Leider huet de Conseil d'État eis do net suivéiert an eng Opposition formelle drop gesat.

Ech muss lech éierlech soen, ech mengen, mir sinn alleguer ganz enttäuscht an och wuel e bësse rosen doriwwer, mä fir awer net méintelaang dowéinst weiderzediskutéieren, hu mer déi Iddi schlussendlech fale gelooss. Ech bedauern dat wirklech, mä ech géif awer mengen, bei där nächster Reform sollt een dat erëm onbedéngt opgräfen.

Soss sinn et am Gesetz nach eng ganz Rei Präzisatiounen, déi d'Saach méi kloer maache wéi et an der Vergaangenheet war, an doduerch, dass et wirklech och en neit Gesetz ass, wat aus engem Goss ass, ass natierlech d'Libilitéit vill besser an et muss keen Texte coordonné méi ausgeschafft ginn.

Voilà! Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat war et, wat ech vu menger Säit wollt zu deem Projet de loi soen. Ech wier wirklech frou, wann dat Gesetz Är Zoustëmmung géif fannen.

Dir hutt déi Fro do vu Léiweng gestallt. Ech wëll lech hei soen, Léiweng steet hei iwwerhaupt net zur Debätt, hei schwätze mer iwwert den Droit d'établissement.

(Interruption)

Ech wëll lech just soen, dass Léiweng säi Wee muss goen, esou wéi all anere grouse Projet och. Mir sinn à ce stade net mat enger Demande befaasst an ech denken, dass mir och net deen eenzege Ministère sinn, deen och nach do muss driwwer befannen.

► **Une voix.** - Dat huet den Här Halsdorf och gesot.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch, Ministre des Classes moyennes et du Tourisme.** - Voilà. Et si jo nach aner Ministären, wéi den Intérieur, déi och do mussen en Avis ofginn.

Voilà, dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Zesummenaarbecht an ech wier wirklech frou,



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

wann dat Gesetz, Här Kox, géif eng grouss Zoustëmmung kréien.

(Interruption)

► **M. le Président.**- Merci der Madame Mët-telstandsministesch. Domadder si mer um Enn vun der Diskussioun a mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dis-pense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un.

Ech wollt lech just nach drop opmierksam maachen, datt e puer Erreurs matérielles am Text sinn, an zwar am Artikel 2.20 ass e Bindestréch ze sträichen tëschent „non alcoolisé“, an am Artikel 2.21 ass en „s“ ze vill beim Wuert „géométre“, dat net am Pluriel sollt sinn. Am Artikel 28.6d ass „déclarative“ duerch „déclaratif“ ze ersetzen, am Artikel 38 ass e Bindestréch ze sträichen tëschent de Wieder „non membre“ an am Artikel 39 ass och e Bindestréch ze vill bei „États membres“.

Mir stëmmen also elo iwwert den ofgeännerten Text of a wäerten dem Conseil d'État dës Ännerunge matdeelen.

(Brouhaha et interruption)

Här Henckes? Ja?

(Interruption)

Den „H“ kënn nach derbäi vum Här Henckes.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Beim 9b. Voilà, très bien. Merci, Här President.

(Brouhaha et hilarité)

► **M. le Président.**- Dir sidd all d'accord, datt mer den „H“ vum Här Henckes och nach mathuelen, an da kéinte mer iwwert deen...

► **Une voix.**- Da wier emol eng Kéier eppes fir d'Männer gemaach ginn!

(Brouhaha)

► **M. le Président.**- ...da kéinte mer iwwert deen ëmgeännerten Text, mam „H“ vum Här Henckes, ofstëmmen.

D'Ofstëmmen huet ugefaangen. Déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Projet de loi 6158 ass ugeholl mat 56, par-don, mat 52 Jo-Stëmmen a 4 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par Mme Martine Mergen), Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Scheuer), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass also esou décidéiert.

Da kéime mer elo zum...

(Interruption)

Jo? Madame Brasseur.

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- ...de Vote par procuration net fonctionnéiert. Ech wollt duerno dat redresséieren. Merci.

► **M. le Président.**- Mir wäerten dat redresséieren, Madame Brasseur.

Mir kommen dann elo zum nächste Punkt, de Projet de loi 6259 iwwert d'Étiquett vum energetesche Produkter. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht an et hu sech ageschriwwen: déi Hären Eischen a Bauler. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

9. 6259 - Projet de loi concernant l'indication, par voie d'étiquetage et d'informations uniformes relatives aux produits, de la consommation en énergie et en autres ressources des produits liés à l'énergie

Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Hären, de Projet de loi 6259 iwwert den Étiquetage an déi domat verbonnen Informatiounen iwwert den Energieverbrauch vu Produiten ass den 9. März 2011 hei an der Chamber vum Wirtschaftsminister déposéiert ginn. D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn hir Avisen de 7. Abrëll 2011 respektiv de 4. Mee vun dësem Joer ginn. De Statsrot huet säin Avis den 28. Juni 2011 ginn, an an der Ekonomieskommissioun ass de Projet de loi, nodeems d'Kommissioun sech dem Avis vum Statsrot bei enger Opposition formelle ralliiert huet, unanime de 7. Juli 2011 ugeholl ginn.

Den Objet, de Sënn vun dësem Projet de loi ass, fir d'europäesch Direktiv iwwert den Étiquetage vum Energieverbrauch vu Produkter an déi national Rechtsgebung ze transposéieren. Dës Direktiv iwwerschafft eng Direktiv aus dem Joer 1992, déi mir duerch ee Gesetz vum 25. März 2009 transposéiert haten. Dat Gesetz gëtt elo abrogéiert.

Här President, de Projet de loi baut de Champ d'application vun der Informatiounspflicht, wat den Energieverbrauch vu Produkter ugeet, aus. Bis elo waren nämlech nëmmen e puer Haushaltsprodukter concernéiert, wéi zum Beispill Frigidairen, Mikrowellen, Wäschmaschinen, Trockner, Klimaanlage an esou weider. Op deene Produkter huet nieft enger Informatiounspflicht eng Étiquette, déi Der alleguerte kennt, wou notament d'Energieperformance klasséiert gouf an zum Beispill een A, B an C, de Konsument op ee Bléck doriwwer informéiert, wéi energiefrëndlech de Produit tatsächlech ass.

Am bestehende Gesetz vum 25. März 2009 waren, wéi schonns gesot, net all Produkter concernéiert. Déi betrafte Produitë waren explizit opgeléicht. Esou si vill elektronesch Apparater, wéi zum Beispill Televisiounen, Computeren oder Staubsauger, net drënnergefall. Duerch déi nei Direktiv kann dës Informatiounspflicht elo op all Produiten, déi iergendeen Afloss direkt oder indirekt op den Energieverbrauch hunn, vergréissert ginn.

An anere Wieder: Déi nei Definitioun erfaasst net nëmme Produiten, déi Energie consomméieren, mä all Produkter, déi an engem erweiderte Sënn beim Energieverbrauch eng Roll spillen, wéi zum Beispill Fënsteren, Dieren, Duschkapen.

Dës Erweiterung geschitt awer net direkt opgrond vun dëser Direktiv respektiv dem Gesetzesprojet, mä an deem Moment, wou d'EU-Kommissioun den entspreche Rëglement délégué hëlt, deen dann d'application directe an de Memberstaten ass.

D'EU-Kommissioun huet bis elo véier Règlementen, véier Rëglements délégués geholl, déi Enn November respektiv Enn Dezember vun dësem Joer a Kraaft trieden. Hei handelt et sech ëm Wäschmaschinen, Spullmaschinen, Frigidairen, Tiefkühltruhen an och Fernseher.

Weider Rëglements délégués wäerten an noer Zukunft nokommen. Déi betreffend Rëglements grand-ducaux, déi elo schonn opgrond vum Gesetz vum 28. März 2009 bestinn, wäerten esou laang a Kraaft bleiwen, bis déi entspreche Rëglements délégués a Kraaft trieden.

Net betraff vun der Direktiv sinn Okkasiounsprodukter an all Wueren- oder Persounentransportmëttel. Des Weidere sinn d'Plaquettes de puissance, déi aus Sécherheetsgrënn op Produité gemaach ginn, och erlaabt. Zum Beispill Plaquettes, déi indiquéieren, mat wéi vill Volt ee Produit, eng Buermaschinn zum Beispill, dierf lafen.

Aner Étiquetten, déi de Konsument kéinten ierféieren, ginn ausdrécklech verbueden. Nieft der Étiquette an der Informatiounsfiche, déi dem Produit bäigeluecht sinn, muss de Fournisseur och nach eng technesch Dokumentatioun opstellen, déi et erlaabt, ze kucken, ob d'Informatiounen, déi op der Étiquette an op der Informatiounsfiche sinn, och wirklech exakt sinn, also och wirklech stëmmen. Dës Dokumentatioun muss de Fournisseur och kënnen dem ILNAS an der EU-Kommissioun op Demande hin innerhalb vun zéng Deeg - an dat ass nei - an elektronescher Versioun iwwermëttelen an zur Verfügung stellen.

Här President, den Haaptobjectiv vun dësem Gesetz ass et, duerch déi erweidert Definitioun vun de Produkter, déi ënnert den Étiquetage, also d'Informatioun iwwert den Energieverbrauch kënnen falen, den Energieverbrauch weider ze reduzéieren an esou e wichtige Bäitrag am Kampf géint de Klimawandel ze leeschten.

Eng gutt an iwwersiichtlech Informatioun dréit derzou bäi, datt beim Kaf vu Produkter de Keefer verstärkt energiepoliteschen Iwwerleeunge Rechnung dréit. D'Verkafsmethoden, wéi zum Beispill d'Vente à distance, den Téléfons-, Marketing-, Katalogverkauf, och den Internetverkauf an esou weider, also Verkafsmethoden, wou de Keefer den Artikel net selwer gesäit, sinn och betraff. Och déi Verkeefer mussen déi néideg Informatiounen iwwert den Energieverbrauch liwweren a falen ënnert dëst Gesetz.

Nei an dësem Projet de loi ass och d'Méiglechkeet, datt Ausschreiwungen iwwert d'Marchés publics kënnen betraff sinn. Et solle waméiglech nëmme Produkter kaaft ginn, déi déi beschten Energieperformancen opzeweisen hunn. Dëst natierlech nëmmen an de Limiten, déi am Marchés-publics-Gesetz vum 25. Juni 2009 och virgesi sinn.

An deemselwechte Kontext ginn duerch de Gesetzesprojet och Incitatiounsmesuren erlaabt, déi d'Produiten an de Verkauf vun Niddregenergieprodukter fördere sollen. D'Aufgab vum ILNAS, also vum Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services, besteet doran, derfir ze suergen, datt dës nei Étiquetage- an Informatiounsregelen a der Praxis och agehale ginn. Wann dat net geschitt, kann den Direkter vum ILNAS derfir suergen, datt de betraffene Produit net op de Marché kënn respektiv vum Marché och erfogeholl gëtt. D'EU-Kommissioun an déi aner EU-Länner ginn an dësem Fall direkt iwwert dës Schratt informéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Gesetzesprojet ass ee weidere klengen, mä awer wichtige Mosaiksteen am Kampf géint de Klimawandel, andeems den Handel mat neien an ëmweltfrëndleche Produitë gefördert an ausgebaut gëtt. Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Ech soen lech Merci, datt Der mer nogelauschart hutt, a ginn natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Claude Haagen. Als éischte Riedner ass den Här Félix Eischen agedroen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net nei, dass op villen Niveauen eppes muss a soll ënnerholl ginn, fir een aktiivt Ëmweltbewosstsinn bei de Leit waakreg ze këddelen. Dacks beweegt den normale Bierger sech an dës Richtung duerch e finanziellen Ureiz oder duerch eng geziilt Sensibiliséierung. Dat heiten, wat mir elo haut zum Vote stellen, ass u sech béides.

Am Fall vun dësem Projet geet et drëms, de Konsument scho beim Akaf vun elektreschen Apparater op säin ëmweltfrëndlech Gewëssen opmierksam ze maachen, an dat ebe via engem neien Étiquetage.

Wat och sécher hei ze begrëssen ass, dat ass, dass de Konsument eng méi staark Position de force vis-à-vis vum Produzent zougesprach kritt. Deen Éischtgenannten huet en an der Hand a kann duerch säi Kaf oder och duerch säin Netkaf opzezeichnen, wou et higeeet.

Am Artikel 4 vun dësem Projet geet genee Rieds iwwert den Devoir d'obligation vum Produzent. De But dovunner ass sécher opzeklären, wat nobel ass a Sënn mécht, mä de Konsument risquéiert sech allerdéngs och e bësselchen am Informatiounsdschungel ze verléieren. Sou zum Beispill am Fall vun de Frigoen; déi si bekanntlech a verschidde Kategorien agedeele. Sou weess dann och all Stot, ob säi KILLSCHAF en A+ oder en A++ ass. Mä ausser, dass eise Client elo wahrscheinlech weess, dass e fir deen ee méi Subsid kritt wéi fir deen aneren, huet en awer keng genee Virstellung dervun, wat deen een dann elo méi an deen anere manner brauch a wat dat dann och genee fir d'Ëmwelt heescht.

D'Fro nom Verständnis stellt sech, oder anescht geschwat: D'Suggestioun, déi ee soll maachen, ass déi, eng Étiquette opzezeichnen, déi de Konsument och versteet.

Doriwwer eraus stellt sech d'Fro no der Iwwersiichtlechkeet vun den Energiekategorien. Den technesche Fortschritt ass esou, dass Gott sei Dank all Joer méi ëmweltfrëndlech Produkter entwéckelt ginn an op de Maart kommen. An zéng Joer wäerte mer da Frigoen hu vun der Klass A+++ , mat zeg Plussen hannert dem A. Do kann et da sinn, dass eise Konsument awer liicht an d'Verziele kënn.

Här President, de Prinzip vun dësem Étiquetage ass natierlech ze begrëssen. Allerdéngs bleift fir d'Zukunft a Saache Verständnis fir de Konsument nach e weéne Loft no uewen. Ech schléissen awer mat engem klore Merci un de Rapporteur. Den honorabelen Här Claude Haagen huet esou geschwat, dass all Mënsch et och verstanen huet. An ech gi selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Félix Eischen. Als nächste Riedner ass den Här Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler** (DP).- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wollt ech dem honorabele Kolleg Claude Haagen Merci soe fir säin detailléierte Bericht zu dësem Projet.

Exakt, pertinent a virun allem vergläichbar Informatiounen sinn déi noutwendeg Bedéngung, fir datt de Konsument déi Produkter wielt, déi spierbar manner Energie an aner Ressourcen während hirer Liewenszeit verbrauchen. Dat ass een net ze ënnersätzenden Ureiz, fir d'Éischt emol fir d'Produzenten. Eigentlech wënnst bei dësem Effort jiddwereen, de Verbraucher, den intelligenten an ëmweltbewusste Fabrikant a virun allem eist natierlech Ëmfeld, besonnesch am Kontext vum Klimaschutz.

De Konsument huet eng immens Muecht, wann e wëllt. Dës Muecht läit all Kéiers dann a sengen Hänn, wann en déi Produzenten duerch e Refus d'achat strooft, déi net genuch Ustrengunge maachen, fir d'Ëmwelt ze schounen oder zumindest dättelech manner ze beläschten.

Fir kënnen richteg ze entscheeden, brauch en awer dofir eng komplett an objektiv Informatioun. Mat dësem Projet maache mer sécherlech e weidere Schrëtt an d'Richtung vun enger rationaler Notzung vun eise Ressourcen.

An deem Kontext géif ech nach drop hiweisen, datt et wichteg ass, datt de Client wirklech